



Sommaire

- Ouverture de la séance publique
 - M. le Président
- 6597 - Projet de loi relatif à la coordination et à la gouvernance des finances publiques et modifiant:
 - a) la loi modifiée du 8 juin 1999 sur le budget, la comptabilité et la trésorerie de l'État
 - b) la loi modifiée du 10 mars 1969 portant institution d'une inspection générale des finances
 - Rapport de la Commission des Finances et du Budget: M. Eugène Berger
 - Discussion générale: M. Claude Wiseler, M. Luc Frieden, M. Alex Bodry, M. Henri Kox, M. Roy Reding, M. Justin Turpel
 - Prise de position du Gouvernement: M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances
 - M. Justin Turpel (parole après ministre), M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances
 - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel
 - M. le Président, M. Alex Bodry
- 6631 - Projet de loi portant autorisation d'aliénation de trois immeubles administratifs en vue de leur location et de leur rachat
 - Rapport de la Commission des Finances et du Budget: M. Guy Arendt
 - Discussion générale: M. Luc Frieden, M. Franz Fayot, M. Henri Kox, M. Roy Reding, M. Justin Turpel
 - M. Guy Arendt (fait personnel)
 - Prise de position du Gouvernement: M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances
 - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel
- 6552 - Projet de loi portant des dispositions fiscales diverses en vue de l'application de l'Accord entre l'Administration des contributions directes du Luxembourg et l'Agence des impôts du Ministère des Finances à Taipei, Taïwan tendant à éviter les doubles impositions et à prévenir la fraude fiscale en matière d'impôts sur le revenu et sur la fortune, et le Protocole y relatif, signés à Luxembourg le 19 décembre 2011
 - Rapport de la Commission des Finances et du Budget: Mme Joëlle Elvinger
 - Discussion générale: M. Gilles Roth, M. Franz Fayot, Mme Viviane Loschetter, M. Roy Reding
 - Prise de position du Gouvernement: M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances
 - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel
- Hommage à Mme Christiane Wickler
 - M. le Président

Au banc du Gouvernement se trouvent: MM. Romain Schneider, François Bausch et Pierre Gramegna, Ministres.

(Début de la séance publique à 14.05 heures)

1. Ouverture de la séance publique

► **M. le Président.** - Ech maachen d'Sézung op.

Déi traditionell Fro brauch ech am Moment net ze stellen, duerfir gi mer dann direkt zum éischte Punkt vum Ordre du jour iwwer, de Projet de loi 6597 iwwert d'Gouvernance vun den ëffentleche Finanzen.

D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht an d'Wuert huet direkt de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Eugène Berger. Bis elo sinn ageschriwwen: déi Häre Luc Frieden, Alex Bodry, Henri Kox, Gast Gibéryen. Ech bieden déi aner Kollegeen, sech am Laf vum Rapport anzeschreiwen. D'Wuert huet elo de Rapporteur, den Här Eugène Berger.

2. 6597 - Projet de loi relatif à la coordination et à la gouvernance des finances publiques et modifiant:

a) la loi modifiée du 8 juin 1999 sur le budget, la comptabilité et la trésorerie de l'État

b) la loi modifiée du 10 mars 1969 portant institution d'une inspection générale des finances

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

► **M. Eugène Berger (DP), rapporteur.** - Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kollegen, ech hunn och nach eng kéier kuerz nogefrot. Also et ass awer esou, datt d'Regierung respektiv och de Finanzminister ënnerwee sinn,

also datt awer och do wäert Präsenz hei garantéiert sinn.

Här President, mat deem virleiende Projet hei, deen nach vun dem viregte Finanzminister, dem Luc Frieden, déposéiert gi war, wäert sech déi national Budgetspolitik e Schrëtt weider an de Kader vun enger gemeinsamer europäescher Démarche afügen, déi e puer Ziler huet:

- méi eng grouss Stabilitéit vun de Budgete vun deenen eenzelne Memberslänner,

- déi ekonomesch a budgetär Politike vun den eenzelne Memberstate besser zesummen ze koordinéieren an enger Aart Pakt,

- an och d'Stabilitéit an der Eurozon ze erhalen.

D'Interessegemeinschaft vun der EU, um politeschen awer och um wirtschaftleche Plang, soll also duerch dëse Projet och gestärkt ginn; mä net nëmmen eleng d'Interessegemeinschaft.

Ech mengen, och mir, och Lëtzebuerg, wäert gestärkt ginn, andeems mir eis duerch dëse Projet eng nei Budgetsdisziplin ginn, déi eis et erlabe wäert, um nationale Plang fit ze gi respektiv fit ze bleiwen. Well duerch déi Disziplin, déi mir eis mat deem virleienden Text hei operleeën, kann och Lëtzebuerg sech heiheem - net nëmmen an Europa, mä och heiheem - besser opstellen, fir mëttel- a laangfristeg mat gesonde Finanzen dozostoen, fir d'Wirtschaft unzekuerbelen, fir Aarbechtspulzen ze schafen, fir d'sozial Stabilitéit weider ze garantéieren an eben och fir weider d'Moyenen ze hunn, fir eng adequat Sozialpolitik an eisem Land kënnen ëmsetzen.

Bon, wann een et wëllt vergläichen - ech hu gëschter Owend, wéi ech dunn do de Fernseh op eemol schnell ausgedréit hunn - mat enger Weltmeeschterschaft oder mat enger Fussballséquipe, hei ass d'Iddi och, datt mer natierlech wëllen déi europäesch Équipe gutt opstellen, da muss ee kucken, datt natierlech déi eenzel Spiller och gutt dostinn. An et kann een et eigentlech e bëssen hei esou vergläichen, wann

also déi eenzel Spiller fit sinn, ass och déi Mannschaft EU fit an da kann déi op dem globale Spillfeld an der Welt, um ekonomeschen a Finanzplang, och mathalen.

Op där anerer Säit huet dat awer och nees en Intérêt fir deen eenzelne Spiller, well en da fit ass a well da vläicht och seng Valeur um Transfertiarmarché méi grouss gëtt, soudatt en also an all Équipe ka gutt spillen.

Dee Prozess hei, dat ass e laange Prozess. Mir hunn do e laange Prozess hannerun eis, fir eng gemeinsam Stabilitéitspolitik an d'Realitéit ëmzesetzen. Ech ginn do elo net an all d'Detailer a vun deenen Etappen; dat kënnt Der am Exposé des motifs vum Gesetz 6597, mä awer och am schrëftleche Rapport noliessen.

Vläicht graff an e puer Zich e puer Schlësselmomenter vun deem ganze Prozess.

Dat Ganzt ass ugaange mam Maastrichter Vertrag 1992 - deemools waren et 15 Memberstaaten. D'Iddi war et, fir eng Union économique et monétaire mat éischte Konvergenzkritären ze schafen, déi ee muss anhalen - do si jo déi berühmte Stéchwierder, déi eigentlech haut zum ABC gehéiere vu jiddwerengem, dee sech e Minimum mat Finanzpolitik ofgëtt -:

- net méi wéi 3% Défizit vun den ëffentleche Verwaltunge par rapport zum PIB, an

- net méi wéi 60% Verschëldung par rapport zum PIB.

Déi nächst Etapp, den Traité vun Amsterdam 1997 - mir bleiwen dann an Holland, no Maastricht -, do ass dann d'Adoptioun vum Pacte de stabilité et de croissance virgesinn, wou dann eigentlech den Ufank och vun enger konkreter Koordinatioun vun deenen nationale Budgetspolitike läit a wou och dann eng Surveillance - wat een nennt e Volet préventif - agefouert gouf. A mat engem éischte Règlement gouf och de Volet dissuasif agefouert, wann d'Memberstaaten een ze héijen Défizit opweisen.

2005 - kënnt Dir lech erënneren - hate mir d'Présidence hei zu Lëtzebuerg an du gouf dee Pacte de stabilité et de croissance reforméiert.

E puer wichteg Elementer aus där Reform:

- differenziéiert Objectifs à moyen terme fir déi eenzel Memberlänner,

- eng Verstärkung vum Volet préventif,

- och de Volet dissuasif gouf gestärkt. Wann also e seriöen Écart vun de Finanzen vun engem Memberstat a sengem Objectif à moyen terme, am OMT, virlooch, dann ass eng Procédure d'alerte lancéiert ginn. An deem Volet dissuasif kann et bis zu Strofe kommen.

Nächst Etappen - ech maachen dat ganz schnell, wéi gesot - no där weltwäiter Wirtschaftskris 2010 an 2013:

- Aféierung vum Semestre européen mat järeleche Prozedurkalenneren an der Presentatioun vun den nationale Stabilitéits- a Reformprogrammer, déi vun der Kommissioun aviséiert ginn, éier een de Budget opstellt.

Weider wichteg Elementer sinn dann déi sougenannten „Sixpack“, dat sinn net déi Muskelen, déi ee sech am Fitnessclub kann uneegnen, mä dat kéint awer och vläicht symbolhaft derfir stoen, datt hei dee Sixpack awer och eppes ass, wou déi europäesch Finanzen an d'Wirtschaft solle besser a méi staark opgestallt ginn, den „Twopack“ an dann natierlech och zum Schluss den TSCG, den Traité sur la stabilité, la coordination et la gouvernance.

Voilà, dat wier de kuerzen Historique.

Mir sinn also elo hei och bei dësem Projet de loi, wou mir dann déi europäesch Texter, Reglementer ëmsetzen, déi Haaptelementer an eis national Gesetzgebung aschreiwen. Een Haaptelement vum Traité verlaangt, datt d'Finanzen vun der Administration publique am Équilibre oder am Excédent sinn. Dat ass déi sougenannten „Règle budgétaire“, déi gëtt och nach „Règle d'or“, also déi Golde Regel genannt, am Artikel 3 vum TSCG.

Wéini ass déi Golde Regel do erfüllt? Dat ass, wann de Solde structurel - de Solde structurel ass also onofhängeg vu kuerzfristige konjunkturellen Op- an Ofen - vun den Administrations publiques dem OMT entsprécht an an enger Forschet vum 0,5 bis 1% vum PIB läit.

Schliisslech gëtt och en automatischen Korrektionsmechanismus agefouert, dee sech déclenchéiert, wann e Memberstat sech vu sengem OMT ewechbeweegt.

Am Projet de loi, deen elo virläit, ginn déi verschidde Regeln an eis national Gesetzgebung ageschriwwen.

Vläicht viwech och nach, et si Journalisten, déi merech elo déi lescht Deeg oder lescht Stonne gefrot hunn, fir nach verschidden Erklärungen zum Gesetz ze kréien. An do war méi wéi eng kéier déi Fro oder déi Remarque: Jo, gëtt dann elo de Budget vu Lëtzebuerg zu Bréissel geschriwwen?

Dat wäert sécher net de Fall sinn! Mir bleiwen Här a Meeschter iwwer eise Budget, mä déi Virgäbe vu Bréissel, déi mir elo hei ëmsetzen, dat ass e Kader, eng Struktur, eng Virgehensweis, fir eise Budget am Grëff ze halen, ebe fir eng bonne Gouvernance - sou steet et jo och am Titel - vun de Finanzen an d'Weeër ze leeden.

Wéi maache mir dat hei an deem Projet de loi? Dat sinn dann eben déi Haaptmossnamen, déi ech och kuerz schon opgezielt hunn am Artikel 2. Do gëtt d'Règle d'or, also d'Règle budgétaire am Gesetz ageschriwwen, dat ass also d'Obligatioun, fir de Budgetséquilibrium vun den ëffentleche Finanzen ze erreechen.

Hei muss een och betounen, ëffentlech Finanzen, dat sinn dräi Secteuren: also d'Administration publique, dat ass den Zentralstat, dat ass den Domän vun der Sécurité sociale an dat ass den Domän vun de Gemengen. Also ass eigentlech och u sech d'Grondiddi, datt och déi Secteure gefuerdert si respektiv hire Bäitrag do muss leeschten, fir de Budgetséquilibrium ze erreechen. Ech kommen herno beim Artikel 5, wann ech dee kuerz wäert explizéieren a kommentéieren, nach eng kéier dorobber zrëck.

Mä, wat bedeit dat konkret, zum Beispill, fir d'Gemengen? Mir haten an der Cofibu, an der Finanz- a Budgetskommissioun - wou och eng Rei Député-mairé sëtzen - eng animéiert Diskussioun doriwwer, wat dat dann herno géif bedeiten, dat Engagement, datt och mussen, zum Beispill, d'Secteur-communalen hire Bäitrag dozou leeschten.

Mir hunn dunn och nach eng kéier et fir richtig a gutt fonnt, fir en Avis vum Syvicol unzefroen. De President, den Emile Eicher, huet dat dunn och relativ schnell, duerfir soen ech him Merci, gemaach, froe gelooss bei senger Membere, fir emol esou ze soen. An dunn ass do och awer eng Formule fonnt ginn. Also an hirem Avis soe se, datt den Engagement vun de Gemengen an éischter Hisiicht emol politesch ass. Den Engagement ass politesch. Déi contraignant Mesuren, à voir, wéi dat sech herno wäert ausdäitschen.

Am Artikel 2, am Artikel 3 villméi, gëtt dann den OMT, de sougenannten „Objectif à moyen terme“ agefouert, deen ee sech also muss ginn. Et muss ee sech en Zil setzen an och de Wee dohinner, d'Trajectoire, wéi een dëst Zil also kann erreechen. An eisem Fall wier dat 2018 0,5% am Solde structurel.

Hei muss een dann och preziséieren, datt dat hei Gesetz muss compléiert ginn, oder datt een dat heite Gesetz, besonnesch deen do Artikel 3 muss gesinn am Zusammenhang mat engem neie Budgetgesetz, engem Budget pluriannuel op fënnef Joer, dee mer wäerten an Zukunft och mussen opstellen. Dës kéier déi éischte kéier, am Hierscht 2014 wäerte mer esou e Budget pluriannuel opstellen, fir eben do dann och déi Trajectoire ze zeechnen, wéi mer wëllen eist Zil dann och erreechen.

Den Artikel 6 kommen ech da weider. Do gëtt en anert Element agefouert, dat ass den automatischen Mécanisme de correction, fir de Fall, wou mer da géife significativ vun eiser Trajectoire, fir bei den OMT ze kommen, ofwäichen. Och hei hu mer eng Solutioun, oder deen, deen d'Gesetz geschriwwen huet, oder de Législateur villméi, huet do eng national Solutioun behalen, an praktesch drageschriwwen. Et kéint ee jo soen, mir maachen eng Dispositioun, wou dann, wann hei eppes aus der Bunn geréit, direkt Bréissel géif agräifen. Mä et ass hei esou formuléiert, datt dann net direkt Bréissel agräift, mä datt mir selwer hei zu Lëtzebuerg kucken, dann d'Saach erëm an de Grëff ze kréien. Dat ass also am Artikel 6.

Vläicht nach e klengt Wuert. Wéini ass en Écart significativ? Also e Mécanisme de correction muss spillen, wann den Écart significativ ass, dat ass, wann d'ëffentlech Finanzen méi wéi 0,5% vun dem OMT an der Trajectoire am Joer ofwäichen.

Dann déi ganz Uwendung vun deenen dote Regeln, vun där doter Struktur. Déi muss iwwerwaacht ginn, och ob mer déi Trajectoire anhalen, ob mer um richtige Wee sinn. Dat



muss iwwerwaacht ginn. Net nëmmen - natierlech hunn d'Regierung an och d'Chamber Intérêt, fir dat ze iwwerwaachen -, mä dat gëtt awer och vun enger externer, onofhängeger Kontrollinstanz kontrolléiert.

Am Artikel 7 féiere mer duerfir de Conseil national des Finances publiques an. Et ass esou, an där éischter Versioun am Text vum viregte Finanzminister war ugeduecht, fir d'Banque centrale als esou e Kontrollorganismus anzusetzen. Dat huet eng Rei Froen opgeworf. Och d'Banque centrale selwer huet sech Froe gestallt, ob dat net géif e Problem gi mat hirer Onofhängegkeet, ob dat géif eigentlech an d'Missionne vun hirer Politique monétaire erapassen.

Déi nei Regierung huet no Reflexioun dunn nach eng aner Formule an engem Amendement proposéiert, dat ass also e Gremium vun Experten. Déi zwee Modeller gëtt et an Europa. An der Kommissioun hate mer och eng Lëscht ausgedeelt. Et gëtt Länner, wou d'Regierung déi Kontroll mécht, wou d'Chamber déi Kontroll mécht, wou eng Banque centrale déi Kontroll mécht. Mä et gëtt awer eng ganz Rei Länner an Europa, wou och esou onofhängeg Expertegremie sinn. Mir hunn eis also fir dee Wee decidéiert.

Wéi gesäit dee Kontrollgremium aus? Do sinn zwee Experten, déi vun der Regierung nomméiert ginn. Dat heescht, se sinn net aus der Regierung selwer, mä d'Regierung nennt zwee Experten. D'Chamber, mir nennen zwee Experten a Wirtschafts- a Finanzfroen, ee Member Cour des Comptes, ee Member, deen zesumme vun de Chambres de Commerce, Métiers, Agriculture bestëmmt gëtt, an ee Member Chambre des Fonctionnaires et Employés publics a Chambre des Salariés. Dat ass also dee Gremium, deen dann déi Saach iwwerwaacht.

Nach vläicht zwou aner Mesuren, ganz kuerz erwähnt am Artikel 9 an 10, déi awer och, bon, nei och net esou sinn, mä déi mer awer och mussen aschreiwe weinst deene verschiddene Regeln an Dispositiounen aus der EU. Dat sinn d'Douzièmes provisoires eigentlech, déi mer zwar schonn och haten an der Vergaangenheet hei zu Lëtzebuerg, wéi mer dee Budget vun Douzièmes provisoires hei diskutéiert hunn.

Mir hate jo erkläert, dat praktesch bis an d'50er a 60er Joren dat d'Regel war. Mä hei schreiwe mer dat elo och an dëst - soll ech et Kadergesetz nennen? Ech maachen dat zwar net -, mä an dëst Gesetz an, dat mer also och, wa mer net bis den 31. Dezember e Budget fir dat nächst Joer gestëmmt hunn, da sollen déi d'Prozedur vun den Douzièmes provisoires déclenchéieren.

An dann eben e leschte Punkt am Artikel 9 an 10, dat ass d'Kommunikatioun vun den Informatiounen iwwert d'Finanze vum Secteur public. Wann een dat Ganzt wëllt suivéieren, wann de Conseil national dat Ganzt soll am Bléck behalen, mussen natierlech ëmmer ganz schnell déi noutwendeg Donnéeën vun dem Secteur public do sinn, fir dat een e kloert Bild huet, wéi d'Finanzen evoluéieren. An dat gëtt also och do dann agefouert.

E kuerze Bléck op déi verschidden Avisen, Här President, déi hei erakomm sinn. D'Chambre des Fonctionnaires et Employés publics, déi fäerten, dat mat deem Gesetz hei géif d'national Souveränitéit, dat mer géifen eigentlech eis Souveränitéit iwwert de Budget verléieren. Si zweifelen och, ob d'Mesuren effikass sinn, déi hei kéinte geholl ginn opgrond vun deem Gesetz, dat dat vläicht méi Austeritéitspolitik kéint bedeuten oder de Sozialmodell a Fro stellen.

D'Chambre des Métiers, d'Chambre de Commerce, déi begreissen de Projet a si hoffen, dat mat deem Projet hei méi eng grouss, eng méi streng Disziplin an eise Budget kéint, an dat mer doduerjer dann och kënnen déi néideg Schrëtt ënnerhuelen, fir op dee richtege Wee fir de Budgetséquilibrium ze kommen an eis Schold kënnen reduzéieren.

D'Chambre des Salariés ass, fir et emol esou ze soen, guer net waarm fir den Text. De Spillraum vum Budget, soe se, gëtt méi kleng, an och fäerte se, dat dann herno am Endeffekt do kéint d'Sozialpolitik drënner leiden. Si hunn och déi Fro sech gestallt, ob d'Iwwerwaachung vum Budget duerch extern Autoritéiten net géif déi national Budgetskompetenz a Fro stellen. Mä hei nach eng kéier, mir hunn et jo esou zum Beispill bei de Mécanismes de correction geregelt, dat mir dat wäerte selwer heiheem maachen.

Den Avis vum Statsrot, bon, do hate mer eigentlech e puer Avisen. Mir hate jo e Projet initial an dann nach d'Amendementer. Ech mengen, fundamental mat der Approche huet de Statsrot keng Problemer gehat. Et sinn, wéi üblech, verschidde Modifikatiounen technischer Natur. De Statsrot huet sech mat zwou, dräi Froe méi speziell beschäftegt.

Eng Fro war déi, wou zum Beispill d'europäesch Verpflichtungen, also d'Règle d'or oder de Mécanisme de correction, wann déi an déi national Législatioun ageschriwwen ginn an domadder eigentlech iwwert dem Budgetgesetz solle stoen, ob dat dann net - si gesinn do also eng gewëssen Hierarchie -, ob do net misst mat Majoritéit qualifizéiert dat Gesetz an der Chamber gestëmmt ginn. Dat waren och Iwwerleeungen, mengen ech, vun der deemoleger Regierung, och vun der Chambre de Commerce.

De Statsrot seet awer neen. Am Artikel 14 vun der Verfassung ass kloer definéiert, weini a wat fir engem Fall een e Vote à majorité qualifizéiert muss huelen. Hei ass jo eigentlech déi Situation, Lëtzebuerg kennt jo elo net dat, wat a Frankräich, wat een, mengen ech, Loi organique nennt, dat esou tëschent der Verfassung an deem normale Gesetz steet.

Op alle Fall, hei geet eng normal Majoritéit duer. Wann een dat wëilt à majorité qualifizéiert stëmmen, da wier dat éischter e politesch Signal. Et wier awer am Endeffekt keen Element, wat wirklech vun der Verfassung eis hei géif opgedrängt ginn. Ech mengen, et ass eigentlech weinst eisen europäeschen Engagements, déi mer an den Traitéen hunn, dat mer eben am Budgetgesetz dann och verpflichtet sinn, déi verschidde Regeln do anzehalen.

E werft och d'Fro op nach eng kéier, wéi de Secteur communal an d'Sécurité sociale an déi Budgetsdisziplin mat agebonne kënnen ginn. Duerfir war och dann den Artikel 5 compléiert ginn an deem Sënn, datt eben och déi do Froen - déi Froen, wéi d'Gemege kënnen an deen Exercice vum Budgetséquilibrium mat agebonne ginn -, datt dat eben am Budget pluriannuel da ka vläicht méi konkret preziséiert ginn.

Bon, e weidere Punkt, deen analyséiert ginn ass vum Statsrot, dat war de Mécanisme correcteur, deen den Traité imposéiert. Mä eben, ech hunn et elo scho méi wéi eng kéier gesot, datt mer eben de Wee gewielt hunn, fir dat da mat eise nationale Budget, datt dat jo elo kënn, wa mer géife gesinn, datt mer vun der Trajectoire géifen ofkommen, géife mer an nächsten, eise Budget eben dann déi Mesuren huelen, fir nees op de Wee ze kommen.

De Statsrot hat eigentlech prinzipiell och näischt géint d'Banque centrale als Iwwerwachungs-gremium. En huet awer och kee Problem mat där neier Formule vum Conseil national des Finances publiques.

Vläicht nach e klengt Wuert awer och zu der Banque centrale. Si haten och en Avis gemaach dozou a si haten also drop higewisen, datt se net waarm wieren, fir déi Roll ze iwwerhuelen. Si haten och en Amendement erabruucht betreffend d'Informatiounen iwwert d'öffentlech Finanzen. Do hu se gefrot en „accès inconditionnel et automatique à l'ensemble des statistiques des finances publiques“. Mir hu gemengt, datt dat souwisou elo an där neier Prozedur, datt do am Artikel 10 dat jo souwisou steet, datt do net elo ee Gremium eng Sonderstellung huet. Mir hunn als Cofibu deen Amendement zur Kenntnis geholl.

Här President, vläicht fir dat ganz Gesetz och nach eng kéier an de realpolitische Kontext hei zu Lëtzebuerg ze setzen. Mir sinn hei zu Lëtzebuerg an dësem Prozess vun neier Finanz- a Budgetpolitik beim Stat eigentlech scho voll engagéiert. D'Regierung, d'Majoritéit huet sech och scho virun dësem Projet dat politesch Zil gi gehat an hirem Koalitionsaccord, fir de Budgetséquilibrium 2018 ze erreichen, fir d'Scholden ofzebauen. Et war also eigentlech schonn am Virfeld eng national Démarche, eng Noutwendegkeet, fir sech besser an nei opzestellen, fir d'Défie vun der Zukunft vu Lëtzebuerg kënnen unzegen, fir d'Wirtschaft ze relancéieren, nei Aarbechtsplazen ze schafen, déi sozial Stabilitéit ze garantéieren.

Wéi soll dat elo an Zukunft gemaach ginn? Dat wäerte sécherlech nach déi Diskussiounen sinn, déi mir och an Zukunft hu bei de Budgetdiskussiounen. Mä awer ass annoncéiert ginn, datt mir e Budget vun enger neier Generatioun wäerte kréien, datt mir an Zukunft nei Akzenter wäerte leeën, schonn 2015 mat enger Rei vu Mesuren, déi dann am Hierscht wäerte virgestallt ginn.

Ech verweisen och nach eng kéier op déi zéng Themefelder, déi ech a mengem Budgetsrapport ugeschwat hunn, wou mer musse kucken, datt mer do also dat dann ëmsetzen, wat eigentlech hei an där Struktur an an deenen Ziler niddergeschriwwen ass. Ech mengen, mat deene Mesuren, mat deenen Ziler, déi sech also och d'Koalitioun scho politesch virgeholl hat, gëtt da schlussendlech d'Regierung oder d'Majoritéit och erëm hiren europäesche Forderungen, déi hei an deem Gesetz och iergendwéi awer am Hannergrond sinn, gi mer deenen och gerecht. Mir ginn eisen Ufuerderunge gerecht an och den europäeschen, an esou schléisst sech eigentlech dann dee ganze Krees.

Här President, mir bleift ofschléissend nach Mercien auszuschwätzen. Merci un d'Membere vun der Cofibu, déi hei ganz intensiv a konstruktiv matgeschafft hunn. Natierlech och Merci un d'Secrétaire-administrateur Caroline Guezennec an u meng Mataarbechter an der Fraktioun, déi mer hei och eng wäertvoll Hëllef waren. Merci. An ech hoffen, datt dee Projet hei dann op grouss Zoustëmmung wäert hei am Parlament stoussen.

Merci!

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci och dem Här Rapporteur. Den Här Claude Wiseler huet elo d'Wuert.

Discussion générale

► **M. Claude Wiseler (CSV).** - Här President, ech wollt just nach eng kuerz Remarque maachen, déi ech léiwer elo maache wéi virdrun, well d'Regierung elo präsent ass a well ech frou sinn, wa si dat héiert.

D'CSV-Fraktioun kann a sech net d'accord sinn, datt, wann d'Débaten hei an der Chamber ufänken, notament iwwer Texter vun der Regierung, da während enger Véirelstonn am Ufank d'Regierung net präsent ass. Dat ass net déi éischte kéier, datt dat geschitt. Mir hunn et schonn déi leschte kéier gesot. Mir fannen dat par rapport zu der Chamber net korrekt an an eisen Aen ass dat net akzeptabel. Ech wollt dat eng kéier kloer an dättelech an och einfach hei soen.

Merci, Här President.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Dont acte. Ech géif dann direkt d'Wuert weiderginn un den éischten ageschriwwene Riedner, deen den Här Luc Frieden ass. Här Frieden, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Luc Frieden (CSV).** - Här President, zënter enger Rei Joren a virun allem am zweeten Deel vun der Wirtschafts- a Finanzkris gouf et an Europa an heiheem eigentlech eng Debatt, déi d'Leit an zwee Campe gespléckt huet: déi, déi wëlle spueren, well se der Meinung sinn, datt net genuch Suen do sinn, an déi, déi mengen, et misst ee méi Suen ausginn, wéi der do sinn, fir Wuesstum ze schafen. Austeritéit géint Wuesstum.

An en fait ass et gutt, datt mer haut hei en Text hunn, deen dësen Débat, wann en och politesch net tranchéiert gëtt, awer dach hei op eng impressionnant Aart a Weis juristesche tranchéiert. Dësen Text nämlech seet, datt mer an Europa, an duerfir och heiheem, Stabilitéit brauchen. An nëmmen, wa mer Stabilitéit bei de Statsfinanzen hunn - dat war och ëmmer meng Meinung als Finanzminister -, da kënnen mer och Wuesstum kréien.

Kuerzfristeg mag dat vläicht net ëmmer de Fall sinn. Well kuerzfristeg kënnen zousätzlech Suen, grad och a Krisenzäiten, d'Ekonomie ukuerbelen. Mä wann een op laang Dauer méi Suen ausgëtt, wéi een der huet, da ka keng Famill, da ka kee Betrib an da kann och de Stat net fonctionnéieren. An duerfir sinn ech fro, datt mer an Europa e Regelwierk fonnt hunn, wat et eis erlaabt, an Europa an och heiheem, eng Budgetsdisziplin ze schafen, déi e Kader setzt, un dee jiddweree sech muss halen.

Dësen Text ass also net een, deen an der Richtung vun Austeritéit géint Wuesstum plädéiert, mä plädéiert fir Stabilitéit, gesond, seriö Statsfinanzen, esou wéi mer se zu Lëtzebuerg während laange Joren op eng erfollegräich Aart a Weis haten an och an der Zukunft no dëser Kris erëm mussen hierstellen.

De Rapporteur, den Eugène Berger, deem ech Merci soe fir seng Aarbecht a seng Rapporten an dësem Kontext, ass op de Werdegang, och deen histoireschen europäesche Werdegang vun deene Stabilitéitsregelen agaangen.

An et muss een hei ganz kloer gesinn, datt et am Fong zwee Elementer ginn. Dat ass de Volet Budgetsdisziplin oder Stabilitéit, mä et ass och de Volet vun der Zesummegehieregkeetslogik, déi an Europa virherrscht. Mir hunn net gären, wa mer europäesch Regeln hunn, déi mer zu Lëtzebuerg mussen uwenden. Mä ëmgedréit hätte mer awer gären, datt déi aner sech un europäesch Regeln halen, well, wa Länner ausrutschen an hirer Finanzpolitik, zum Beispill a Südeuropa, dann hu mer missen aus eegenem Intérêt an aus Solidaritéit déi Länner ënnerstëtzen an da fanne mer et ganz normal, datt Europa seet, wat do geschitt ass, dat geet net.

Wann een an enger Wirtschafts- a Währungsunioun ass, wann een decidéiert, e gemeinsame Bannemaart ze hu mat enger gemeinsamer Währung, wou grad e Land wéi eist enorm profitéiert duerch den Export vu sengen Déngschtleeschungen, duerch den Export vu sengen Industrieprodukter, da mécht et Sënn, datt een eng gemeinsame Währung huet an da mécht et och logesch Sënn, datt ee gemeinsam Spillregelen huet.

Duerfir ass 2005 de Stabilitéitspakt gemaach ginn a reforméiert ginn. Duerfir ass e scho virdrun am Traité vu Maastricht virgesi ginn. An duerfir ass et noutwendeg, datt mer eis zousätzlech Regele ginn, well mer festgestallt hunn, datt net jiddweree an Europa sech un deen urspréngleche Stabilitéitspakt an och net un dee modifiéierte Stabilitéitspakt gehalten huet.

Eigentlech hätt et ni dierfen dozou kommen, datt „Sixpack“ an „Twopack“ a wéi dat alles heescht, wat den Här Berger eis virdrun hei am Résumé nach eng kéier presentéiert huet, komm ass. Mä mir hunn déi nei Regele misse maachen. An ech hunn un deene sëlliche Sitzunge vum ECOFIN-Conseil am Numm vu Lëtzebuerg déi lescht Joren deelgeholl, well mer festgestallt hunn, datt eng Rei Länner sech net un de gesonde Mënscheverstand, un d'Regelen halen, och déi ongeschriwwen Regeln net. An duerfir ass et gutt, datt mir och zu Lëtzebuerg elo hei déi Regel ginn.

Woubäi ech wëll dorop hiweisen, datt mir zu Lëtzebuerg an deene leschte Joren eis un déi Regeln do gehalten hunn, och wa se net an engem Text stoungen. Ech schlësse vläicht bewosst d'Joren 2008 an 2009 aus, wat extrem Krisejore waren, wou mer hu missen oder wou mer wollten eng antizyklesche Politik maachen, dat heescht, an deene Joren hu mir méi Suen ausginn, fir datt d'Ekonomie net géif direkt zesummebréchen.

Fir mech sinn an dësem Text zwee, dräi Punkten, déi derwäert sinn, se nach eng kéier kuerz ze belichten.

Dat eent, dat ass déi Regel, déi mer aus dem sougenannten „Sixpack“ vun 2011 eraushuelen an dat ass d'Limite, déi mir eis setze beim Wuesstum vun den Ausgaben. Ech mengen, dat ass äusserst wichteg, datt d'Ausgaben am Grëff bleiwen, och déi, déi duerch Automatismen wuessen. Mä net nëmmen déi! Nach eng kéier an der Logik, et kann een à la longue, iwwer eng Rei Joren net méi Suen ausginn, wéi een der erakritt. Déi Regel also vum Wuesstum vun den Dépenses, déi mer och emol fréier zu Lëtzebuerg an engem anere Kontext als Norme budgétaire haten, déi gëtt elo mat enger europäescher Definitioun erëm erabruucht.

Dann eng zweet Regel, déi mer wichteg schéngt, dat ass déi, déi aus dem sougenannten „fiscal compact“ ervirgeet, dee mer 2012 ugeholl hunn. En Traité, deen ech vill léiwer gesinn hätt, wa mer en an engem europäesche Regelwierk gehat hätten, mä bon, duerfir hate mer keng Unanimité. Duerfir ass et am Fong en intergouvernementalen Traité ginn, deen dës Chamber jo schonn ugeholl huet. An dee gesäit vir, datt de Budget muss strukturell am Equilibre sinn.

Strukturell am Équilibre, dat heescht, nodeem een exceptionnellement eraushëlt, Elementer, déi eng kéier stattfannen, oder déi konjunkturell bedéngt sinn. An ech mengen, dat ass wichteg, dat ass gutt. Woubäi ech allerdéngs soen, datt mer dat jo ganz oft fäerdegbruecht hunn, och 2013, deem leschte Joer vun där leschter Legislaturperiod. Mir haten e Budget, dee strukturell am Equilibre war.

Mä um Niveau vun der Administration publique, an dee groussen Défi sécherlech vum leschte Finanzminister an och sécherlech vum deem neie Finanzminister an där neier Regierung ass, de Budget um Niveau vun der Administration centrale, vum Stat selwer, am Equilibre ze hunn. Dat steet net an deenen europäesche Regeln. Mä dat ass wouru mir wäerten och als CSV-Fraktioun déi nei Regierung moossen, ob se et fäerdegbréngt, iwwert déi nächst fënnef Joer och d'Administration centrale an den Equilibre ze bréngen.

Well mir wëssen, datt zu Lëtzebuerg déi besser Situatioun vun de gesamtëffentleche Finanzen largement dohier kéint, datt mer en Excédent bei der Sécurité sociale hunn. A bei de gesamtëffentleche Finanzen kucke mer jo net nëmmen de Stat, mä och d'Sécurité sociale an d'Gemeinen. An duerfir ass et a) eng Regel, datt mer mussen d'gesamtëffentleche Finanzen strukturell am Equilibre hunn. Mä politesch hätte mir gären, datt se och um Niveau vun der Administration centrale no der Kris mussen an den Equilibre erëm kommen, esou wéi mer dat laang Joren zu Lëtzebuerg haten.

Déi drëtt Remarque, déi ech aus dësem Text nach wëll ervirhiewen, dat ass dat Organ, wat soll kucken, ob d'Règle budgétaire, ob d'Règle d'or respektéiert gëtt oder net.

Ech hätt mer selwer kënnen virstellen, datt een déi Regel souguer an d'Verfassung geschriwwen hätt. Dat ass net noutwendeg, mä vu datt



et esou eng wichteg Regel ass, géif et mech net stéieren, datt am Kader vun enger Iwwerschaffung eng Kéier vum Artikel 99 iwwert d'Finanzen och doriwwer eng Reflexioun géif geféiert ginn. Mä dat ass net dat Essenziellt.

Essenziell ass heiranner, datt et Leit ginn, en Organ gëtt, wat kuckt, ob déi Regel respektéiert gëtt. Et ass doranner e klengt Mësstraue sécherlech an deem europäeschen Text vun der Politik, well den europäeschen Traité gesäit vir, datt dat en onofhängegt Organ muss sinn.

Firwat huet déi viregt Regierung d'Banque centrale proposéiert?

Mä aus ganz einfache Spuersamkeetsgrënn, well mer eis gesot hunn: Mir sinn e klengt Land. Solle mer elo nach en Organ schafen? An duerfir hu mer gesot, et kommen der net vill zu Lëtzebuerg a Fro. D'Banque centrale européenne ass..., d'Banque centrale du Luxembourg, déi aus dem Kader vum europäesche System vun den Zentralbanken entsteet, ass en onofhängegt Organ a kéint déi Aufgab iwwerhuelen.

D'Zentralbank selwer an déi Europäesch Zentralbank waren do e bësse retizent. Mir kënnen also ganz gutt liewe mat där Proposition, déi déi nei Regierung gemaach huet, fir - wéi am Ausland - e Conseil national des Finances publiques an d'Liewen ze ruffen. Mir stellen eis just d'Fro, wat fir eng Leit an engem klengen Land een an dat Gremium nennt.

Mir hunn déi Fro schonn ëmmer bei aneren Organer, wou mer onofhängeg Leit mussen nennen. Et gi sécherlech eng ganz Rei kompetent Leit hei am Land, mä et ass dëst e ganz wichtegt Organ, wat an Zukunft der Chamber, der Regierung seet, ob d'Règle budgétaire respektéiert ginn ass. Vlächtt kann de Finanzminister eis och haut soen, u wéi eng Zort Leit, u wéi eng Kategorie vu Männer a Fraen en denkt, fir dës Posten ze besetzen. Woubäi och d'Chamber selwer jo muss niewent der Regierung och Leit doranner nennen.

Op jidde Fall, mir kënnen dee Choix vum Conseil national des Finances publiques, deen do gemaach ginn ass, mat droen. Ech wollt just erklären, firwat mir d'Banque centrale proposéiert haten.

Dëst Regelwierk, wat mer also haut unhuelen, bréngt eng Garantie, datt zu Lëtzebuerg an an deenen anere Länner vun der Eurozon Stabilitéit a seriö Finanzpolitik gemaach gëtt. An déi Stabilitéit ass d'Grundlag, fir datt mer Wuesstum kréien, d'Grundlag, fir datt Aarbechtsplazen entstinn, a fir datt mer net eis mussen iwwerversholden an domadder enorm Zënse bezuelen, mat deene soss besser Politik kéint gemaach ginn.

Mir hunn et an de leschte Jore fäerdegbruecht, datt Lëtzebuerg säi sougenannten „Triple-A“ behalen huet. Dat war net einfach. Besonnesch net an där Kris, wou mer och den Triple-A behalen hunn. Dat heescht, datt, wa mer Sue léine ginn - an heiansdo muss e Stat dat maachen, wann e grouss Infrastrukturprojete finanziert -, mer da mat ganz weinigen Niveaue vun Zënse kënnen Sue léine goen. An et kritt een iwwerhaupt Sue geléint. Duerfir ass dat eppes, wat wesentlich war, op dat mer stolz sinn a wou mer och hoffen, datt déi nei Regierung et wäert fäerdegbréngen, den Triple-A och iwwert déi nächst Joren ze behalen.

D'Situatioun vun den ëffentleche Finanzen zu Lëtzebuerg war gutt. Se huet an der Finanzkris, aus evidente Grënn, e bësse gelidden, well mer méi Suen ausginn hunn am Ufank, fir d'Ekonomie ze ënnerstëtzen. Mä mir hunn zugläich am zweeten Deel vun där Kris, um Enn vun där Kris gesot, mir müssen d'Dépenses an de Grëff kréien. An duerfir huet déi viregt Legislaturperiod, déi viregt Majoritéit eng Rei Spuerprogrammen op de Wee ginn. A mir wäerte ganz kloer kucken, datt och dës Majoritéit um Wee vun der Budgetkonsolidéierung virufléiert, wéi se dat jo och annoncéiert huet.

D'Erausforderunge fir 2015 an 2016 an deem Kontext si ganz important. Mä e klengt Land kann net à la longue iwwer seng Moyene liewen. Dat kann a kengem sengem Intérêt sinn. An duerfir wäerte mer och ganz gespaant kucken, wat aus deene Projekte vun der Budgetreform, déi déi viregt Regierung largement préparéiert hat, notament duerch exzellente Kontributione vun der OECD, wat se dorauer zitt. An dat wäerte mer jo kënnen beim Budget diskutéieren.

Dëse Projet op jidde Fall ass e gudder Projet fir Europa, et ass e gudder Projet fir Lëtzebuerg, well en d'Stabilitéit vun eise Statsfinanze längerfristeg ofséchert. An duerfir kann ech lech, Här President, an der Chamber soen, datt d'Fro vun der Majoritéit qualifizéiert sech net stellt, well

d'CSV-Fraktioun wäert dëse Projet matstëmmen, well et e wichtige Projet ass fir d'Zukunft vun eisem Land.

Duerfir, wéi gesot, Merci deenen, déi sech hei intensiv och an der Finanzkommission an mat drëm bekëmmert hunn. An ech ginn dann den Accord vun der CSV-Fraktioun.

Merci!

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci och dem Här Luc Frieden. Nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Alex Bodry fir d'LSAP.

► **M. Alex Bodry (LSAP).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mat dësem Gesetzesprojet kënn et net zu engem neie Budgetgesetz, wéi ech an de Commentairen héieren hunn an deene leschten Deeg. Dat hei ass net déi grouss Budgetreform, déi dës Regierung sech virgeholl huet ze maachen, wéi iwwergens schonn d'viregt Regierung sech eigentlech virgeholl hat, esou eng grouss Budgetreform ze maachen, awer se net un e glécklecht Enn bruecht huet.

Abee, dës Regierung, mengen ech, kënn net derlaanscht, fir iwwert dat, wat mer haut hei diskutéieren, eraus en, wéi de Finanzminister et des Éftere widderholl huet, „Budget vun der neier Generatioun“ ze maachen. An dat geet nëmmen opgrond vun enger neier gesetzlecher Grondlag, well all Deelreformen, déi ee géif maachen op dem aktuelle Budgets- a Kontabilitéitsgesetz, nëmme kéinte ganz kleng Bewegungen zouloossen.

Mä dat hei ass eng logesch Suite, dat, wat mer haut diskutéieren, vun der Ratifikatioun, déi mer hei am Parlament virgeholl hu vun dem sougenannten „Fiskalpakt“, dem europäeschen Traité iwwert d'Budgeten a Finanzen, dee kontrovers diskutéiert ginn ass an deen och haut, wann een d'Avise liest, nach weiderhi Kontroversen ausléist.

Et brauch een nëmmen d'Avise vun der Beruffschamberen hei ze liesen, gutt Avisen, fondéiert Avisen, och wa se a verschidde Richtunge ginn, déi sech wierklech d'Méi gemaach hunn, sech nach eng Kéier fundamental mat der europäescher Budgets- a Finanzpolitik auserenezesetzen, a wou diametral géint-iwwergestallte Positiounen nach eng Kéier hei zu Dag trieden, besonnesch dokumentéiert an deenen zwee Avise vun der Chambre de Commerce a vun der Chambre des Salariés.

Mä ech mengen, dëst Parlament huet, wéi all aner national Parlamentarier vun deene Länner, déi den Traité guttgeheescht hunn, A gesot, et muss hei elo och B soen, mat der Ëmsetzung vun e puer wesentleche Punkten, déi nëmme kënnen iwwer en Nationalgesetz ëmgesat ginn an déi net kënnen iwwer europäesch Reglementer ëmgesat ginn.

Dat hei ass eng virléifeg lescht Etapp vun enger ganzer Rëtsch vu vertraglechen, reglementareschen a legislative Moosnamen, fir d'Budgets-, d'Finanz- an d'Wirtschaftspolitik an Europa méi enk ze koordinéieren, e Schrack méi op eng gemeinsame Wirtschaftspolitik zou, wou et drëm geet, och besonnesch hei an Europa. Déi Kris, déi mer matgemaach hunn, déi scho schéngt vergiess ze sinn an de Käpp vun eenzelne Leit, huet et mat sech bruecht, dass just méi schnell reagéiert ginn ass an dass d'Optioun geholl ginn ass, no engem laangen Zécken, dat muss een och soen, fir d'Éischt eng Verdéiwung awer vun der gemeinsamer Wirtschafts- a Budgetpolitik ze maachen. An deen Traité, wéi och dëst Gesetz, sinn eigentlech de Reflet vun där doter Äntwert op d'Kris, déi an Europa gemeinsam geholl ginn ass.

Et bleift, dass ee kann a muss kritisches sinn zu eenzelnen Aspekter vun der europäescher Wirtschafts- a Finanzpolitik. Dat hu mer als sozialistesche Fraktioun och kloergemaach bei den Debatten, déi mer hei haten, wéi et ëm d'Radifikatioun vun deem Traité gaangen ass. An dat, wat deemools gesot ginn ass, géllt och nach haut fir eis.

Et ass munches am Detail ze kritiséieren a munch Effeten, déi déi dote Politik mat sech bruecht huet, hu sech als néfaste gewisen an eenzelnen europäesche Länner. Et bleift awer, dass ech och keng gangbar Alternativ gesinn, wann et drëms geet, op eng europäesch Kris ze reagéieren, fir och europawäit ze probéieren, e gemeinsame Kader festzeleeën, besonnesch och, wat d'Eurozon selwer ugeet.

Ech wëll drun erënneren, dass et do jo awer verschidde Phase gi sinn an deene leschte Joren, wou gefaart gi war, den Euro kéint zesummebréchen, a virun allem wou eenzel europäesch Memberstaten net méi à même ware praktesch, sech zu engem akzeptablen Zënssfouss déi néideg Gelder fir d'Finanzéierung vun hire Budgeten ze beschafen.

Dat war jo eigentlech d'Grondwiel, wat mer haten. Wat duerno als sougenannt „Eurokris“

bezeecht ginn ass, war natierlech och zum Deel eng Scholdekris an eenzelnen europäesche Staten, oft och akzentuéiert duerch déi international Finanzkris, déi mer virdru kannt hunn.

A ech muss nach eng Kéier vlächtt an Erënnung ruffen déi dach awer dramatesch Rettungsaktiounen, déi opgebaut si gi fir Griichenland, fir Irland, fir Spuenien, Portugal an och Zypern, alleguerten déi, déi eigentlech och op d'Solidaritéit vun der ganzer EU am Endeffekt konnten zielen, och wann et net ëmmer einfach war, zu deem dote Punkt ze kommen, an och, wann huet missen déi dote Rettungsaktioun verbonne gi mat engem neie gesetzlechen oder konventionelle Kader.

Fir d'LSAP-Fraktioun war et wichteg a bleift et och weider wichteg, dass europawäit Objektiv an der Wirtschafts- a bei der Budgetpolitik fixéiert ginn. Also gemeinsam Objektiv, déi jiddweree muss fir sech realiséieren, déi deklinéiert ginn national. Mä de Wee, fir déi gemeinsam europäesch Ziler vun der Budgets- a Finanzpolitik ze erreechen, dee Wee muss nach ëmmer national bestëmmt ginn. Natierlech ënner Kontroll vun europäeschen Instanzen, mä awer muss de Spillraum bleiwe fir déi eenzel national Regierungen a besonnesch och déi eenzel national Parlamentarier, fir selwer am Detail de Wee festzeleeën, wéi déi gemeinsam Ziler sollen erreecht ginn.

Mir stelle fest, dass, wa mer deen heiten Text kucken, dee vun der viregter Regierung ageeicht ginn ass, deen nach eng Kéier amenéiert ginn ass vun dëser Regierung, da si mir der Meenung, dass déi dote Virgab, déi fir eis wichteg ass, respektéiert bleift. Hei ass net, géif ech soen, eng maximalistesche Ëmsetzung gemaach gi vun deenen europäesche Regeln - déi een hätt kënnen maachen, déi och eenzel Kreesser an hiren Avise méi oder manner verstoppt froen, fir nach méi Automatismen anzubauen, fir eigentlech déi politesch Marge de manœuvre praktesch national op null ze reduzéieren, wat also och a mengen Aen en inakzeptabelt Mësstraue par rapport zur Politik insgesamt duerstellt -, mä si suergt derfir, dass eng minimalistesch Ëmsetzung als Approche erméigelt ginn ass hei zu Lëtzebuerg.

Dat bréngt mat sech, dass u sech Regierungen, an do och déi national Parlamentarier - besonnesch fir d'Parlamentarier ass jo déi budgetär Kompetenz eng Grondkompetenz, och vun dëser Chamber -, dass do déi néideg Marge de manœuvre bleift, fir kënnen national a justement selwer ze decidéieren. Net onbedéngt, wat d'Normes de grandeur vun deenen nationalen Ajustementen ugeet, mä awer, wat den Inhalt vun deenen nationalen Ajustementen ugeet.

Ob een elo méi a Richtung Einnahme versicht, Ajustementen ze maachen, ob een dat méi op der Dépenséiert mécht. Wou een et op der Dépenséiert mécht, dat muss an eisen Aen nach wie vor eng national Prärogativ bleiwen an deem europäesche Kader, dee gemeinsam definiert ginn ass.

Net eréischt duerch deen Traité! Deen Traité bréngt eigentlech esou vill Neies net - dat ass och e politeschen Traité schlussendlech, deen hei gemaach ginn ass; an notament Däitschland soll en national erméiglechen, fir eng Rei vun Hëllefsmoosnamen fir aner europäesch Länner nach kënnen mat ze droen -, well u sech de Gros vun deene Punkten hei sech an iergendenger Form och schonn ermëfenn an aneren europäeschen Texter, sief dat den „Six-pack“, sief dat den „Twopack“, sief dat déi Texter, déi mer virdru kannt hunn am Kader vum Pacte de stabilité et de croissance.

Mir sinn also als sozialistesche Fraktioun d'accord mat där Aart a Weis, wéi d'Regierung hei deen Interpretatiounsspillraum notzt, fir u sech national d'Marge de manœuvre, déi politesch Marge de manœuvre bäizebehalen a fir esou also och eng gewësse Flexibilitéit, déi mer brauchen, Flexibilitéit an där ganzer Budgetpolitik ze loosse.

Dat spigelt sech och erëm, besonnesch wann et zu Ofweichunge kënn vun deenen europäeschen Zilsetzungen, wou et jo zu Korrektur muss kommen op nationalem Plang. De Prinzip vun der Korrektur gëtt festgehalen, weini muss reagéiert ginn national vu Regierung, vu Parlament. Mä wéi reagéiert gëtt am Detail, dat bleift also och an deem dote spezifische Fall eng Prärogativ vun den nationalen Décisiounsträger.

Mir mengen och, dass an där ganzer Diskussioun, déi momentan an Europa leeft, déi vun engem italienesche Premier ugestouss ginn ass mat där Verve, déi him eegen ass, dass mer eis och där musse selbstverständlech hei zu Lëtzebuerg stellen. Och déi nächst Kommission, wa se hire Programm festleet, wäert net ëmhi kommen, sech déi dote Fro ze stellen, wéi ee mat deenen doten Instrumenter elo ëmgeet a wéi een och eenzel Staten, déi ënner onheemlech

schwierigen Ëmstänn amgaange sinn, Strukturformen ze maachen, wéi een déi och nach ootme léisst an dësen Zäiten an och verhënnert, dass et zu massiver Aarbechtslosigkeit an deenen dote Länner kënn.

Ech mengen, mir sinn als sozialistesche Fraktioun fir e flexibelen Ëmgang mat deenen europäesche Regeln, déi mer eis ginn hunn. Ech sinn och der Meenung, dass déi aktuell Texter duerchaus eng gewësse Flexibilitéit zouloossen. Ech mengen net, dass Europa prett ass, fir muer sech nei Texter, nei Regeln ze ginn an deem dote Beräich. Da soll een emol an enger éischter Phas déi Flexibilitéit an deen Interpretatiounsspillraum notzen, deen et haut an deenen europäesche Regele ronderëm déi gemeinsam Budgets-, Finanz- a Wirtschaftspolitik gëtt.

Spuren eleng, dat ass, mengen ech, och ganz kloer ginn, bréngt net neie Wirtschaftswuesstum! Spueren ass sécherlech néideg. Budgetsdisziplin ass néideg, ass eng Viraussetzung, fir nohalteg och kënnen uerdentlech ze wirtschaften. Mä et bleift awer, dass dat eleng net duergeet.

Duerfir insistéiere mer och nach eng Kéier an dëser Debatt drop, dass u sech déi néideg Budgetdisziplin mat där Flexibilitéit, déi mer gären hätten, och gekoppelt gëtt awer un eng konkret Wuesstumsstrategie, déi sech déi europäesch Instanze musse ginn. D'Bekämpfung vun der Aarbechtslosigkeit, besonnesch vun der Jugendarbeitslosigkeit muss definitiv, net nëmmen an de Rieden, mä och am Handele vun der Europäescher Unioun an de Mëtelpunkt récken.

An ech verfolge den do mat engem gewëssenen Interesse déi Diskussiounen, déi elo och stattfannen. Gëschter huet och de Jean-Claude Juncker jo virun eenzelne Fraktiounen, notament virun der sozialdemokratescher Fraktioun am Europaparlament, Aussoen zu deem doten Thema gemaach. Ech hunn eraushéieren, dass et och seng Absicht ass - an dat ass jo eng Demande, déi sécherlech och un hie gerichtet ginn ass -, fir Wuesstum an d'Bekämpfung vun der Aarbechtslosigkeit och an de Mëtelpunkt vun enger neier europäescher Strategie ze stellen. Dat ass, mengen ech, wichteg, dass do och konkret Programmer déi dote gutt Iddien och hëllefen dann ëmzesetzen.

Ech wëll op déi eenzel fundamental Neierungen ermëkommen, déi eis och wäerten als Nationalparlament an deenen nächste Jore beschäftegen an eis begleeden an eisen Aarbechten, wat de Statsbudget ugeet.

(Brouhaha et coups de cloche de la présidence)

Dohanne schénge se sech iwwert d'Nordstrooss ze ënnerhalen.

(Coups de cloche de la présidence)

Mä ier mer déi dote Bauteprojete kënnen finanzéieren, brauche mer fir d'Éischt emol eng uerdentlech Budgetsituatioun, an dat ass jo eigentlech dat, wat eis haut sollt ugoen.

An do ass natierlech eppes, wat engem direkt opfällt, an dat wäert eis schonn an dësem Joer beschäftege missen, dat ass en neit Gesetz, wat all Joers vun der Regierung gläichzäiteg mam Budgetgesetz wäert deponéiert ginn. Dat ass eng Loi de programmation financière pluriannuelle. Dat ass also eppes vëlle Neies, wat hei u sech an eis Gesetzgebung integréiert gëtt. Nei, wat d'Form vun Gesetz ugeet.

Et ass wouer, dass mer haut schonn natierlech eng Rei vun Donnéeën, déi an dat Gesetz do wäerte stoe kommen, ermëfannen an enger Rei vun Dokumenter, déi d'Regierung presentéiert der Chamber, sief dat um Niveau vun den Investitiounsfonten, wou et jo och schonn eng pluriannuell Planung gëtt, sief et besonnesch awer an eiser jährecher Aktualiséierung vun eise Programme de stabilité et de croissance, dee mer op Brëssel schécken a wou jo och do déi mëttelfristeg Detailplanung dran ermëfannen ass. Dat gëtt elo eigentlech integréiert an e Gesetz.

Dat Gesetz do wäert also d'Orientéierung duerstelle mëttelfristeg vun der Budgetpolitik hei zu Lëtzebuerg. Och d'Chamber muss nach léieren a festleeën, wéi se wëllt mat deem doten neie Gesetz ëmgoen. Soll dat gemeinsam affléissen an d'Budgetdiskussiounen? Maache mer, behandle mer dat dote Gesetz à part vum eigentleche Budget? Alles, all déi Froen, mengen ech, do musse mer eis nach driwwer ënnerhalen.

An dat Ganz do ënnersträicht nëmmen d'Noutwendegkeet, dass mer eis gesamt Budgetprozedur och am Reglement vun eiser Chamber de fond en comble nei opbauen musse opgrond vun dem Semestre européen an all deenen aneren Annerungen, déi an deene leschte Jore stattfonnt hunn. Eis Texter, déi klappen einfach mat der politescher Realitéit net méi iwwereneen. Do musse mer also och als Chamber ganz schnell eis Hausaufgab maachen.



Loi de programmation budgétaire: Eppes, wat do natierlech fir Diskussiounen gesuergt huet, dat ass, wéi wäit ee kann an där Programmation och verbindlech Ziler festleeë fir déi aner Secteuren am öffentliche Raum, also nieft dem Zentralstat, wou selbstverständlech d’Kompetenz vun der Regierung do ass an och vun der Chamber. Wéi wäit kann een also och do verbindlech Ziler festleeën, wat de Gemengesec-teur respektiv wat de Secteur vun der Sécurité sociale ugeet?

Do gëtt et jo och de Prinzip vun der Autonomie communale. Och an der Sécurité sociale ginn et Regeln ze respektéieren. An eenzelne Beräicher si jo och d’Sozialpartner mat implizéiert an d’Gestioun vun deenen Organer vun der Sécurité sociale. Also och eng Responsabilitéit fir d’Budgete vun Deeler zumindest vun der Sécurité sociale. An do stellt sech also och d’Fro, wéi u sech déi dote Secteure mat agebonne ginn an déi Diskussioun, déi mer dann hei ze féieren hunn iwwert déi Loi de programmation, wa se, wéi gesot, nieft dem Zentralstat och déi aner Beräicher soll voll integréieren.

An do gëtt den Text, dee mer haut wäerte stëmmen, eis och net all Äntwerten op déi dote Fro, wéi dat dote konkret soll lafe schonn dëst Joer.

Ech mengen, wichteg ass déi Fro vun der Verankerung vun dem mëttelfristegen Objektiv vun eiser Budgetpolitik, dat all Land sech jo muss ginn, ënnert der Kontroll vun den europäeschen Instanzen. D’Objektiv, wat all Joers erëm eng Kéier frësch definéiert gëtt a wou fir Lëtzebuerg jo nach eng Kéier bestätegt ginn ass viru Kuerzem, dass eist mëttelfristegt Objektiv, wat de Budgetséquilibrium ugeet oder de Budgetsaldo ugeet, bei plus 0,5% vum PIB läit.

Dat ass en héicht Zil, mat dat héchst an der Europäescher Unioun, erkläert sech awer objektiv duerch notament déi Schuld eigentlech an der Zukunft, déi besonnesch op eise Rentensystem duerkënnt a wou u sech dat d’Haaptargument ass, fir ze soen, dass et fir Lëtzebuerg net duergeet, en einfache strukturellen Equilibrium ze hunn, also bei null ze leien, mä eigentlech eist Zil muss sinn, driwwer ze kommen, fir och déi néideg Reserve kënnen fir d’Zukunft unzeleeën.

Wat nach eng Kéier wichteg ass, dat ass, dass mer hei mat engem strukturelle Saldo vum Statsbudget oder vum öffentliche Budget konfrontéiert sinn. Also e Saldo, deen de konjunkturelle Gegebenheeten an aussergeweinenlechen Elementer Rechnung dréit. An dat gëtt eng gewësse Flexibilität.

Wat stéierend ass an deem Ganzen, dat ass, dass nach haut eigentlech déi Definitiouen an d’Method, wéi eigentlech dee strukturelle Saldo ausgerechent gëtt, net festgeluecht ass, an eise Statec zum Beispill eng aner Method hëlt, wéi dat déi europäesch Instanze maachen. Dat bréngt natierlech eng ongutt juristesche Unsécherheet eigentlech an déi ganz Diskussioun eran, well jo awer d’Netanhale vun deenen doten Objektiver ka souguer ze Sanktiounen féieren.

Wann also d’Berechnungsmethod nach net definitiv ass, dierften eigentlech och d’Sanktiounen esou llicht net kënnen spillen, well mer awer gemierkt hunn, dass do ganz llicht kann eng Differenz, bis zu 0,5% vum PIB, entstoën. Ä grad dat ass jo déi Marge de manoeuvre, déi déi eenzel Länner an deem ganze Kader hei nach hunn.

Also, et ass sécherlech do Handlungsbedarf op europäeschem Plang, dass schnellstméiglech kloer ass, no wat fir enger Method eigentlech déi doten Normen, dat si jo praktesch europäesch Normen hei, an Zukunft berechent ginn. Soss féiert dat zu enger schwéier akzeptabler Rechtsunsécherheet an deenen nächste Joren.

Ech kommen dann zu der zweeter Neierung. Nieft der Loi de programmation financière pluriannuelle ass dat déi gesetzlech Verankerung vun der sougenannter „gëllener Regel“, der Scholdebremms, wou et also drëms geet, fir ze soen, dass d’Budgetpolitik national muss ausgerichtet sinn, fir déi „mid-term objectives“ vum Budget ze respektéieren.

Als sozialistesche Fraktioun si mer frou, well dat ëmmer eis Positioun war, dass d’Regierung net op dee Wee gaangen ass, fir esou eng Regel an d’Verfassung anzuschreien. De Luc Frieden wollt dat, de Jean-Claude Juncker wollt et net. Schlussendlech ass déi richteg Décisioun geholl ginn, fir et net ze maachen. Iwwregens, déi mannste Länner sinn op deem dote Wee gaangen. Et si vläicht eng knapp hallef Dose vu Länner, déi op de Wee gaange sinn, dat doten an d’Verfassung anzuschreien, an dann nach ëmmer mat verschiddene Formulatiounen.

Mir sinn deen dote Wee net gaangen, well mer vun Ufank un, och als LSAP, der Meinung waren, dass dat doten eigentlech friem ass zu eise ganze Verfassungsofbau, dee mer hei zu

Lëtzebuerg hunn, wou mer esou Regeln an der Regel net, am Géigesaz zu Däitschland, an eiser Verfassung erëmfannen.

Et ass juristesche ouni Effet! Et ass juristesche ouni Effet, well mer keng abstrakt Normekontroll hei zu Lëtzebuerg hunn. An et ass fir mech ëmmer nach erstaunlech, wéi sou e Land wéi Däitschland, mat der Kanzlerin, probéiert huet, en däitsche Modell, deen an Däitschland vläicht Sënn mécht, wann ee wëllt op deem dote Wee goen, anere Länner ze imposéieren, wou esou Regeln an deene Länner guer kee Sënn maachen, well mir nëmmen eng konkret Normekontroll hei zu Lëtzebuerg kennen.

A well ech bis elo nach net esou richtig matkritt hunn, wéini e Budgetgesetz eigentlech virun engem normale Gericht an engem Prozess optauche kéint, géif dat dote souguer deen Effet, dee gesicht war, dass sollten d’Gerichter kontrolléieren, ob d’Politik da wierklech hir Aufgab richtig mécht, deen Effet, dee kann et hei zu Lëtzebuerg net ginn, wann een op deem dote Wee gaange wier.

Dat geschitt vläicht an Däitschland duerch d’Bundesverfassungsgericht, mä mir hunn hei en aneren - mir sinn net déi Eenzeg! -, en anere Verfassungssystem. An duerfir wier och déi dote Léisung, wéi gesot, juristesche ineffikass hei zu Lëtzebuerg. A mir betruichte se och als politesch net opportun.

Wat rescht bliwwen ass vun deem ganze Virstouss, deen d’Madame Merkel schlussendlech probéiert huet, ze maachen, dat ass, dass den Europäesche Gerichtshaff net kontrolléiert, ob déi eenzel Länner sech un d’Regeln halen an hire Budgeten, mä e kann op Klo hi vun engem anere Land kontrolléieren, ob déi „gëlle Regel“ richtig an engem nationalen Text ëmgesat ginn ass.

Och do ass wéineg bliwwen vun deem, wat ursprénglech eigentlech d’Promoteure vun där Iddi vun der zwéngender „gëllener Regel“ am Kapp haten. A mir mengen, dass et gutt esou ass, dass eigentlech net méi vun deem Ganzen iwwreg bliwwen ass.

Déi „gëlle Regel“ gëtt bei eis Gesetz. Dat stéiert eis net, well et eng Regel ass, déi de toute façon an deene leschte Joren d’Regierungspolitik ëmmer begleet huet, an och d’Diskussiounen hei am Parlament ëmmer och gedréit hunn an aneres ronderëm d’Konformitéit vun dem Budgetprojet par rapport zu den europäesche finanziellen Zilsetzungen, déi international festgeluecht si ginn.

Drëtt Neierung ass dee Korrekturmechanismus, dee festgehale gëtt an deem heiten Text. An och do stelle mer fest, dass et e Korrekturmechanismus ass, dee spilt vum Prinzip hier, mä deen awer net voll automatesch ass, well en u sech eréischt spilt beim nächste Budget, deem nächste Budget, deen eng Regierung an e Parlament ze presentéiere respektiv guttzeheeschen hunn, an do och eigentlech d’Regierung an d’Parlament d’Hänn net gebonne kréien, wéi se dann deen Ajustement, déi Korrektur wëlle virhuelen, wann et zu enger Ofweichung vun der Trajectoire kënnt zu deem mëttelfristege Budgetszil. Och dat, mengen ech, ass eng gutt Aart a Weis, fir déi Texter vum Traité hei ëmzesetzen.

Véiertens a leschte wichtige Punkt, dat ass dee vun engem Conseil national des Finances publiques. Ech wëll mech kuerzfaassen. Do war et esou, dass mer effektiv diskutéiert hunn an der viregter Mandatsperiod, entweder der Banque centrale déi Aufgab ze ginn oder der Cour des Comptes déi Aufgab ze ginn.

Et muss ee soen, béid Instanze waren net besonnesch erpicht, fir déi dote Missiounen ze kréien. Mir ginn also a Richtung vun enger Schafung vun engem neien, onofhängegen Organ. Aus dem Text geet net ganz kloer ervir, ob dat elo eng Entité juridique propre ass. Op jidde Fall kritt dee Conseil national e Sekretariat zur Verfügung gestallt, fir seng Aarbechten ze maachen.

Ech wëll awer just drop opmierksam maachen, dass et immens wichtig ass, dass an deenen nächste puer Méint deen dote Conseil national un d’Fonctionnéiere kënnt, well mer soss eigentlech Schwierigkeete kréien, beim nächste Budget konform ze sinn zu den europäeschen Texter, well do dee Conseil national des Finances publiques och muss säin Avis zu eenzelne Punkten ofginn, notament zu de Previsiounen, Prognosen, déi de Comité de prévision mécht. Do ass et um Conseil national des Finances publiques, dat do och ze maachen.

Dat gesot, Här President, meng Zäit ass ofgelaf. Ech géif nach eng Kéier den...

► **Une voix.** - D’Riedezäit.

► **M. Alex Bodry** (LSAP).- Selbstverständlech! Ech hunn nach wëlles, e puer Jor-zéngten drunzehänken, wann och net onbedéngt hei an der Chamber.

(Hilarité)

Dat gesot, wëll ech nach eng Kéier den Accord vun eiser Fraktioun zu dësemText hei ginn.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci och dem Här Bodry. Nächste Riedner ass den Här Henri Kox fir déi gréng.

► **M. Henri Kox** (déi gréng).- Här President, Dir Dammen an Hären, fir d’Eischt wëll ech am Numm vun der grénger Fraktioun dem Rapporteur Merci soe fir säi mëndleche wéi schrëftleche Rapport. Besonnesch de schrëftleche Rapport retracéiert an dem histoireschen Deel déi eenzel Etappen, déi zu dësem Gesetz gefouert hunn.

Et war dëst den Traité vu Maastricht, deen de Coup d’envoi fir d’Union économique et monétaire ginn huet, dëst an der Iddi vum Traité de Rome, deen deemools scho vum „rapprochement progressif des politiques économiques des États membres“ geschwat huet. Iwwert den Traité vun Amsterdam mam Pacte de stabilité et de croissance an dem Semestre européen bis hin zu dem „Sixpack“ an dann dem „Twopack“ stëmme mer haut dann iwwert d’„coordination et la gouvernance des finances publiques“, de sougenannten „Fiskalpakt“ of, wat jo dann zu enger neier Budgetsdisziplin féiert.

E Fiskalpakt, deen d’europäesch Länner viru weider Budgetsdisziplin stellt a viru grouss Eerausforderungen. Dat ass och scho virdrun ugeklungen. Dës Eerausforderunge si mat ganz ville Contraintë verbonden, déi jo och net bei jiddwerengem Land esou op Zoustëmmung gestouss sinn an och nach ëmmer net richtig toussen.

Et ass och net nëmmen den Zentralstat eleng, dee sech enger budgetärer Disziplin muss stellen, mä déi Efforte mussen souwuel bei der Sécurité sociale wéi bei den Administrations locales gemaach ginn. Heizou hu sech jo och scho meng Virriedner ausgeschwat.

Ech erlabe mer dofir a menger Interventioun och net méi speziell op déi eenzel Punkte vum Gesetz anzegoen, well dëst huet de Rapporteur scho virdrun ausféierlech am mëndleche Rapport gemaach, a virdru mäi Virriedner, den Här Bodry, war op déi eenzel Techniken am Gesetz agaangen. Ech wëll dofir aus grénger Siicht eis Bedenken oder eis Kritiken nach eng Kéier beleen.

Dëst Gesetz ass och e gutt Beispill, wéi wichteg et ass, sech fréizäitig mat den europäeschen Dossierien ze beschäftegen. Wuel hu mer aus Lëtzebuerger Siicht de Maximum bei der Ëmsetzung vun dësem Traité erausgeholl an nei Budgetsregeln an Iwwerwachungsmechanismen agefouert. Ech mengen, de Lëtzebuerger Modell schéngt jo mat dem Asaz vum Conseil national des Finances publiques och erëm ze funktionéieren, wou praktesch jiddwereng vun de Forces vives aus dem Land sech zrëckféint, iwwert d’Chambres professionnelles, iwwer eis selwer als Chamber an och als Regierungsvertreder. De Rapporteur ass a senger Ausféierung eben ausféierlech dorop zrëckkomm.

De Kader fir dës Budgetsdisziplin ass awer net hei geschitt, geschweige denn ware mir hei mat abezunn, mä zu Bréissel oder nach besser an enger Dunkellammer mat Merkel a Sarkozy. Sait Ausbroch vun der Finanzkris 2008 duerchlafe Europa a grouss Deeler vun der Welt eng schwéier Zäit. Net nëmmen dréit d’Ekonomie net méi richtig, mä virun allem ass eng immens grouss Aarbechtslosigkeit an Europa entstanen. D’Iwwerschuldung vun de Stéit an d’Spekulationsblosen hu vill Leit an de Ruin gefouert, besonnesch a Griichenland, Portugal, Irland a Spuenien.

D’Rettung vun den héich verschëllte Banken huet a ville Fäll d’Verschuldung vun de Länner zousätzlech an d’Luucht gedriwwen an huet de Regierungen déi néideg Moyenen ewechgeholl, fir kënnen d’Konjunktur erëm unzedriewen. Esou ass d’Schéier och tëschent Aarm a Räich an den europäesche Länner an deene leschte Joren erëm weider auserneegegrift.

Här President, Dir Dammen an Hären, Dir wësst, datt déi gréng sech ganz kritesch zu dësem Fiskalpakt ausgeschwat haten. Mir haten dofir och géint d’Unhuele vun dësem Traité gestëmmt. Ech wëll dofir nach eng Kéier kuerz dräi, véier Argumenter aus der Debatt vum 27. Februar vum leschte Joer widerhuelen.

Éischtens mécht dee Fiskalpakt aus eiser Siicht et méi schwéier, eng antizyklesche Politik ze bedriewen, wou grad ëffentlech Investitiounen d’Konjunktur beliewen, Aarbecht schafen an eng Ekonomie erëm an d’Luucht bréngen.

Zweetens, an dat war och laang an der Diskussioun, de Fiskalpakt regelt, no eiser Meinung, just nëmmen d’Statsausgaben. Et gëtt bal nëmmen ausschliesslech iwwert d’Ausgabesait diskutéiert, mä guer net iwwert d’Einnahmesait. De Steierwettbewerb an der europäescher Steierpolitik, deen de Staten d’Steierrecetten ewechhëlt, geet monter weider.

D’Scholdekris an der EU ass net entstanen, well d’Länner hir Budgete schlecht gëréiert hätten, mä well d’Bankekris si gezwongen huet, massiv Suen an d’Rettung vun de Banken ze stiechen an zousätzlech grouss Konjunkturprogrammer ze lancéieren. Dofir ass de Fiskalpakt net déi eenzeg Léisung, fir d’Ursach vun der Kris ze bewältegen.

An, véiertens, ass d’Aart a Weis, wéi de Fiskalpakt ausgehandelt gouf, och haut bestëmmt net méi esou akzeptabel. Et ass d’Resultat vun engem Konsens tëschent dem Här Sarkozy an der Madame Merkel, ouni Diskussioun mat anere Regierungen a virun allem ouni Diskussiounen an d’Abeziung vun de Parlamenten am Virfeld.

Bei dëser Kritik stoung mer jo och net eleng do. Ech erënnere mech un déi Debatt vum leschte Joer, wou och den Här Bodry sech iwwert déi Aart a Weis, wéi d’Ëmsetzung geschitt ass, kritesch ausgeschwat huet. An en huet och haut de Moien nach eng Kéier, oder hei virdru grad d’Avisen nach eng Kéier vun deenen eenzelne Chamberen zitéiert, déi awer och eng gedeelten Interpretation vun de Moosnamen hei duergestallt hunn.

Allerdéngs, an dat ass och scho virdru gesot ginn, huet déi lescht Chamber de 27. Februar 2013 mat ganz grousser Majoritéit decidéiert, datt Lëtzebuerg dësen Traité soll ënnerschreien. Dës Décisioun kënnen a wëllen déi gréng sech och elo net entzéien. An dofir droe mir d’Ëmsetzung vun dësem Traité mat a wäerten dëst neit Budgetgesetz, net Budgetgesetz, mä éischer Budgetsdisziplin matstëmme.

Et ass jo tatsächlech och esou, datt dësen Traité och eng ganz Rei vu positive Säite mat sech bruecht huet, déi ech och hei wëllt nach eng Kéier ervirbréngen.

Éischtens sinn och déi gréng ni derfir gewiescht, datt op Däiwel komm raus Scholde gemaach solle ginn. Wie Scholden hannerléisst, hannerléisst Scholde fir déi nächst Generatioun. Dat ass och fir déi gréng net akzeptabel. Wie fir Nohaltegkeet antrëtt, trëtt och fir eng nohalteg Finanzpolitik an.

Scholden ze maache mécht just dann nëmme Sënn, wann och kloer nohalteg Benefisser duerch déi Investitiounen entstinn. Wa mer also en Tram bauen oder Schoule bauen oder an erneierbar Energien investéieren, dann huet déi nächst Generatioun eppes dovunner. Wa mer mat esou Scholden d’Zukunft ofsécheren an Aarbechtsplaze schafen, ass dat aus eiser Vue akzeptabel an och sënnavoll. Trotzdem dierfen och dann d’Scholden net an den Himmel wuessen.

D’Scholdebremms oder déi gëlle Regel aus dem Fiskalpakt war de Präis, dee jo huet misse bezuelt ginn, fir datt et an der EU den Accord gouf fir de Mécanisme européen de stabilité. Den Här Frieden hat dat virdrun a senger Ausféierung nach eng Kéier och hei duergeluecht. An domadder hu mer an Europa e Rettungsanker geschaf, deen derfir suergt, datt zumindest déi méi kleng Ekonomien net méi kënnen faillite goen. Dat ware Griichenland, Spuenien, Irland oder Portugal. An et ass e grouss Fortschritt, mengen ech, gewiescht, datt mer vu Solidaritéit geschwat hunn a vun Zesummenaarbecht hei an Europa.

Drëttens ass de Fiskalpakt och de Präis gewiescht, dee politesch huet misse bezuelt ginn, fir datt d’EU weider un enger gemeinsamer Léisung schafft, fir aus dëser Kris erauszekommen. Eng Kris, déi bis elo vill Facettë seit 2008 kannt huet. D’Finanzkris, d’Wirtschaftskris, Eurokris, Budgetskris, Sozialkris a vläicht déi schlëmmste Kris, dat ass déi um Aarbechts-marché mat ganz ville Chômeuren.

Här President, Dir Dammen an Hären, esou wéi d’Kris vill Facetten an der Vergaangenheet kannt huet, esou muss déi gemeinsam europäesch Léisung fir dës Kris och méi Weeër opweisen. De Geescht vum Fiskalpakt ass deemno eng vun de Léisunge fir déi gréng an nach laang net déi eenzeg! Sou wéi scho skizzéiert, ass och fir déi gréng et wichteg, eng nohalteg Politik ze definéieren an och anzehalen. Si ass awer net déi eenzeg Léisung.

Ech wëll dofir och hei op dräi Beispiller hiweisen, datt et elo gradesou wichteg ass, e Schratt no vir ze maachen an niewent dem Fiskalpakt aner innovativ an nohalteg Politiken an d’Weeër ze leeden.

Grad am Moment no den Europawahle besteet elo eng reell Chance, eng nei Ausrichtung virzehuelen, datt den designéierte Kommissionspräsident, den Här Juncker, och misst sensibel dorop sinn, niewent deene reng fiskalpoli-



teschen Iwwerleeungen och déi sozialpolitesch Richtlinnen nei ze definéieren. A wann de Fiskalpakt e Pakt fir d'Zukunft soll ginn, esou wéi et am Geescht vun Europa 2020 jo och deels beschriwwen a formuléiert ass, esou muss och déi ekologesch Komponent seriö berück-sichtegt ginn.

Zweetens: D'Europawahlen hu gewisen, datt mer mat enger esäiteger Austeritéitspolitik net eleng weiderkommen. Mir verschäerfen deels déi sozial Ongerechtegkeeten a mir bréngen domat extremistesch an nationalistesch Par-teien op de Plang, déi mer net brauchen!

An dréttens, Verännerunge sinn och ënnerwee. Ech mengen, et ass och scho virdru vum Här Bodry hei ernimmt ginn. Sou huet den italie-nesche Ministerpresident, de Matteo Renzi, dee säit Ufank Juli d'Europäesch Kommissioun leet, och mat verschiddenen dynameschen Aussoen, déi ee kann deelen oder net, trotzdem d'euro-päesch Wahlen bei sech doheem mat 40% gewonnen.

Deeselwechten Owend nach huet hie fir eng europäesch Wirtschaftsrelance plädéiert. Mëttlerweil ass doraus, wéi Der scho wësst, och eng Allianz mat de Fransousen entstanen. Och an den däitsche Medie gëtt dëst mëttlerweil ëmmer méi thematiséiert. Sou war an engem ganz interessanten Artikel am „Spiegel“ vun der leschter Woch ze liesen, datt e groussen In-vestitiounsdefizit an der Europäescher Unioun bestoe géif.

En „doppelte Bypass“, esou den Titel vun dësem Artikel, an ech zitéieren. Oder den Artikel huet de Marcel Fratzscher, Chef vum däitschen Institut fir Wirtschaftsfuerschung, zitéiert. An d'Ausso war vum dem Här Fratzscher: „Wir brauchen einen Impuls, um das Wachstum in den Krisenländern anzustoßen und eine neuerliche Rezession in der Eurozone zu vermeiden.“

De Virstouss vu Frankräich an Italien fir méi Wuesstum begréisst hien als grondsätzlech richtig, verweist awer och op d'Anhalen natierlech da vun de Scholeregelen. Hie schléit dofir e milliardeschwéieren europäeschen Investi-tionsfong vir, fir besonnesch de Betriber Geld zur Verfügung ze stellen, fir deen Investitiouns-defizit erëm kënnen opzehuelen.

Mir brauchen an Europa also eng Investitiouns-politik, déi Aarbechtsplaze schafft. Dir wësst, wou mir déi haaptsächlech gesinn: bei den Energieinfrastrukturen an dem Ausbau vun den erneierbaren Energien, an der Energieeffizienz, wat zesummegeet mat dem Ausbau vun Aarbechtsplazen am Bau, am Handwerk an na-tierlech och eng nei Definitioun vun der Indus-trie. An net zulescht brauche mer natierlech och eng ganz nei Politik an de sozialen Déngscht-leeschungen, Kannererzéiung, eeler Leit.

Mir brauchen awer och eng besser openeen of-geschwate Steierpolitik, déi d'Recettë vun de Staten erhält. Virun allem brauche mer méi So-lidaritéit tëschent de Staten, well mer nëmmen zesumme weiderkommen. D'Ëmsetzung vum Fiskalpakt haut an d'Afféierung vun engem neie Budgetgesetz kënne mer also als ee Bausteen gesinn, deen eis um Wee dohinner weider-bréngt.

Mir Gréng froen dofir, datt mer am Kader vun der aussen- an europapolitescher Debat am Hierscht méi wäit kënnen iwwert déi Weeër dis-kutéieren a fir eng nei Relance op euro-päeschem Plang musse plädéieren, fir datt och nei nohalteg Aarbechtsplaze kënne garantéiert ginn.

Domadder ginn ech nach eng Kéier den Accord zu der Ëmsetzung vun dësem Gesetz a soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci och dem Här Kox. Nächste Riedner ass den Här Reding fir d'ADR.

► **M. Roy Reding (ADR).** - Merci, Här Pre-sident. Dir Dammen an Dir Hären, firwat mir als ADR dësem Projet de loi net kënnen zou-stëmmen, geet schonn aus dem Här Rapporteur senge Considérations générales ervir. Et geet hei ëm en ëmmer méi grouse Rapprochement vun der Wirtschaftspolitik vun deene verschiddene State vun der EU. Et geet ëm ëmmer méi enk Beziungen. Dat si Saachen, déi mir net wëllen. Mir wëllen Europa, mir wëllen e fraïe Wueren-, Mënschen- a Kapitalverkéier. Mir wëlle be-stëmmt net eng ëmmer méi grouss politesch Unioun.

Mir sinn och fir eng Discipline budgétaire. Mir waren heibannen déi éischt Partei, déi fir eng Scholdebremms plädéiert huet. Mä mir wëllen net eng Entmuechtung vun eiser Politik, vun ei-ser Chamber! Mir si fir eng budgetär Souveränitéit vun eisem Land. An do huet

d'Chambre des Fonctionnaires et Employés pu-blics ganz recht, wa se seet, deen heite Projet féiert zu méi Bürokratiséierung, zu enger Perte vun eiser nationaler Souveränitéit, zu enger Mise sous tutelle vun eiser nationaler Politik, vun eiser Regierung an net zulescht och vun eis selwer als Parlament.

D'Chambre des Métiers huet an hirem ganz positiven Avis an zwou Iwwerschrëften alles ge-sot, wat een heizou ka soen: „Bruxelles resserre les boulons en matière de discipline financière et budgétaire.“ An een aneren Titel: „À défaut d'une politique de consolidation rigoureuse du Gouvernement, la pression de l'Union euro-péenne devrait contribuer à assainir les finances publiques.“ Dorëms geet et. Et geet ëm eng Substitutioun vun europäesche Bürokraten an Technokraten zu eiser nationaler Politik. Et geet (veuillez lire: féiert) zu enger Perte vun eiser na-tionaler Souveränitéit.

Et gëtt positiv Aspekter, datt mir als Chamber sollte méi d'Performance vu Budgetartikele kontrolléieren, datt mer méi sollte kucken, wat ass de But vun Dépensen. Dat sinn alles Sa-chen, déi ganz, ganz richtig sinn an déi mer befürworten. Mä hei kënnt et zu automatesche Mechanismen, déi, wa se net respektéiert ginn, zu direkte Sanktioune féieren.

Dat huet d'Chambre des Salariés an hirem exzellenten Avis, an ech hoffen, Dir hutt en all gelies, vum 12. November 2013 ganz gutt be-schriwwen a gesot: «La norme budgétaire européenne pousse soit à désinvestir...», an dat huet natierlech Répercussiounen op déi zukünf-teg Generatiounen, «...soit à serrer la vis de son compte courant où la part des transferts so-ciaux est importante.» Datt d'LSAP net méi op deen Avis an op déi Bedenken ageet, wonnert mech!

D'Chambre des Salariés sot weider, et wier «fort regrettable que les questions d'organisation d'ordre économique et comptable empêchent de se consacrer au volet social de l'Europe et de ses pays membres». Do kann ech awer d'Chambre des Salariés berouegen, well keen anere wéi den Här Juncker sot schonn 2009, eng Union monétaire oui Union sociale wier fir hien ondenkbar, an datt et an Europa nach ëm-mer kee geregelte Mindestloun géif ginn, dat wier eng Honte, eng Schan! A vu datt mer jo den Här Juncker kennen an deen ëmmer seng Verspriecheen anhält, wäert dat sech elo alles verbessern.

D'Chamber fiert virun, andeem se als Kon-klusioun zitt, datt d'Konsequenze vun deem Gesetz, wat haut hei gestëmmt gëtt vun enger rout-gréng-bloer Majoritéit, zu engem „affai-blissement social automatique à perpétuité“ féiert. D'Chambre des Salariés gesäit an dësem Projet de loi, mat Recht, eng Reduktioun vun eiser Marge de manœuvre, fir national a sozial Politik hei zu Lëtzebuerg ze maachen. Si huet recht, wa se mengt, datt hei restriktiv Politike fir Dépensen a sozial Dépensen duerchgesat ginn, déi souwuel den europäesche Modell wéi och déi sozial Kohäsioun a Fro stellen.

An da schwätzt d'Chambre des Salariés, an ech zitéieren nach eng Kéier, vun enger „consé-quence funeste, et non des moindres“, nämlech déi, datt de Pouvoir vun den natio-nale Parlamenter a Fro gestallt gëtt duerch d'Afféierung vun enger ieweschter Instanz a Form vun den Zentralbanken. Or, an eisen Ae soll d'Politik gemaach gi vun de gewielte Ver-trieder vum Vollek, net vu Bürokraten, net vun Technokraten a ganz bestëmmt net vun Euro-kraten! An duerfir stëmmen mir als ADR géint dat Gesetz.

Ech soen lech Merci.

► **M. le Président.** - Voilà. Nächste Riedner ass den Här Justin Turpel fir déi Lénk. Här Tur-pel, wann ech gelift.

► **M. Justin Turpel (déi Lénk).** - Här Pre-sident, Dir Dammen an Dir Hären, léif Kollee-ginnen a Kolleeen, wann a Griichenland eng Infirmière hir Kanner zur Adoptioun muss fräi-ginn, well se se net méi mat hirem gekierzte Gehalt ernähre kann, wann an deemselwechte Land een Drëttel vun der Bevëlkerung keng Krankeversécherung méi huet a Leit net méi a Spideeler ugeholl ginn a stierwe gelooss ginn, dann ass dat vläicht en extreemt Beispill vun deem, wat d'Logik ass vun deem Projet, iwwert dee mir haut diskutéieren a fir dee sech hei eng grouss Koalitioun, méi grouss wéi d'GroKo an Däitschland, staarkmécht.

Mam Budgetspakt an dësem Gesetz wäert an Zukunft och eis Budgetpolitik méi staark conditionnéiert ginn. D'Zil vun deem Ganzen ass et, souwuel d'Dépensé wéi och d'Recetten ze begrenzen. Dobäi gëtt keen Ënnerscheed méi gemaach tëschent lafenden Ausgaben an Investitiionsausgaben. An eng nei Verschol-dung, fir Investitiounen an Zukunft ofzeséche-ren, gëtt ënnerbonnen. Dat heescht, mir solle manner fir déi kommend Generatiounen inves-téieren. Déi künfteg Generatioune musse

selwer méi investéieren. An dat, wat mir elo a si spéider selwer nach maache wëllen, musse mir op enger anerer Plaz spueren, am Prinzip, an der Regel bei deene lafenden Ausgaben a virun allem am soziale Beräich.

Duerch dëst Gesetz gëtt onmëssverständlech festgeschriwwen: Mir musse manner investéie-ren a manner fir d'Sozialpolitik ausginn! Och Suen op d'Säit leeën, zum Beispill an Investi-tionsfongen, wéi mer dat bis elo ëmmer ge-maach hunn, wäert net méi esou einfach ginn, well och dat wäert virun allem als Dépensen ugesi ginn, déi ugerechent ginn, an net als Re-serven, datt heescht Suen, déi mir fir spéider op d'Säit leeën. Dat ass net gerecht, weder fir déi jëtzeg nach fir déi kommend Generatiounen.

Ee weidere Problem vun der „gëllener Regel“, an d'Chambre des Salariés huet dorop higewi-sen, déi am Budgetspak festgeschriwwen ass an déi mat dësem Gesetz an nationaalt Recht ëmgesat gëtt, ass och, datt alles no der Wirt-schaft ausgeriicht gëtt, méi prezis no de Pro-duktiionscapacités vun der Wirtschaft. Déi Ausrichtung vun der Budgetpolitik, seet d'Chambre des Salariés an hirem ausféierlechen an exzellenten Avis - deen och den Här Reding hei ervirgestrach huet, och wann en e menger Meenung no net deelt, well do eng aner Logik dran ass -, féiert onweigerlech, geschitt onwei-gerlech op d'Käschte vun de Steit a vun de Leit, déi schaffe ginn. Aarbechtsrecht, d'Lounkäsch-ten, Akommespolitik, Sozialversécherung, Steierpolitik ginn ausgeriicht op d'Pro-duktiionskonditioune vun der Wirtschaft oder, wéi de Karl Marx oder den Thomas Piketty géife soen, fir d'Verwäertungsbedéngunge vum Kapi-tal ze verbessern.

Domadder steet d'Finanz- an d'Wirtschaftspoli-tik net am Interessu vum Mënsch, mä d'Majori-téit vun de Leit musse sech no den Interesse vun de Kapitalbesëtzer riichten. Schonn déi al Griichen - Aristoteles, Platon - hu gesot, datt een an der Finanz- a Wirtschaftspolitik, der „Oi-konomia“, tëschent gudder a schlechter Wirt-schaft ënnerscheede muss.

Sou seet de Platon scho véier Jorhonnerte virun eiser Zäitrechnung, datt déi gutt Wirtschafts-politik d'Konscht ass, de Räichtum ze notzen, fir déi natierlech Bedürfnisser vu jiddwerengem a vun der Allgemengeheet ze befriedegen. An déi schlecht „Chrémastique“, déi huet zum Zil, Räichtum a Form vu Suen ze accumuléieren. An esou eng Politik schuet, vergréissert d'Ongläich-heeten an zerstéiert den Zesammenhalt, seet de Platon 400 Joer virun eiser Zäitrechnung. An dat ass och haut nach esou!

Déi Politik, esou wéi se an de Verträge vu Maas-tricht festgehalde ginn ass an hei ëmgesat soll ginn, geet an eng aner Richtung wéi déi vum allgemenge Wuelstand an der Befriedegung vun de Bedürfnisser vu jiddwerengem. An dat a ganz Europa an och zu Lëtzebuerg.

An dobäi huet déi Politik net nëmmen desastréis Konsequenze fir Milliounen vu Leit an Europa, si huet en plus och nach guer näischt erreecht oder geleist. A Griichenland bezuelen d'Rieder, d'Reeder, pardon, an d'Oligarchen haut och nach ëmmer keng Steieren. Dogéint hunn awer 27% vun de Leit keng Aarbecht, 60% vun de Ju-gendlechen ass et onméiglech, fir eng Aarbecht ze fannen.

D'Statsschuld awer, an dorëms goug et jo, huet net of-, mä zougehall a bedréit haut 175% vum Bruttoinlandsprodukt; virun der Kris waren et 107%. An dat trotz massiven Aspierungen! An dat obschonn net méi an den ëffentlechen Transport, de Gesondheetssektor an aner ëffentlech Déngschtleeschungen investéiert gëtt.

A Portugal sinn déi Räichst 1% haut duebel esou räich wéi virun der Kris. Trotz massiven Aspierungen, ënner anerem 1,3 Milliarden an der Éducatioun, huet d'Schold duerch d'Troika-Mesurë sech vu 94 op 129% vum BIP vergréis-sert! Duerch déi verschidden Akommeskierzun-gen huet d'Wirtschaft ee Verloscht a Portugal vun 21 Milliarden Euro erlidden.

Souguer d'Europaparlament huet, oui aller-déngs d'Konsequenzen doraus ze zéien, d'Aus-teritéitspolitik vun der Troika, déi vum Här Jun-cker an d'Weeër geleet gi war, kritiséiert. An d'OECD, déi och mat um Ursprung vun där Politik steet, weist op déi desastréis Kon-sequenze vun de wuessenden Ongläichheeten an Europa an an der Welt hin.

Elo, virun den Europawahlen an och duerno, gouf a gëtt dervu geschwat, d'Konvergenzkri-tären, an den Här Bodry huet et och gesot, méi flexibel ze notzen, d'Sozialpolitik ze ver-besseren, souzesoen op Aenheicht mat der Wirtschaftspolitik an der Finanzpolitik ze stellen. Mä dat geet net. Dat si fromm Wënsch oder ierféierend Versprieche.

De Kader vun der Stabilitéitspolitik, esou wéi en duerch dëst Gesetz an nationaalt Recht ëm-gesat gëtt, suergt derfir, datt déi wirtschaftlech Interesse vun enger Minoritéit ëmmer virun de

sozialen Interesse vun enger Majoritéit wäerte stoen. Fir dat ze änneren, geet et och net duer, Indicateure fir déi sozial Situatioun ze schafen, esou wéi d'EU-Kommissioun dat an hirer Kom-munikatioun vum 2. Oktober d'lescht Joer iwwert d'sozial Dimensioun vun Europa propo-séiert, wann net reell politesch Konsequenzen doraus gezu ginn.

De Stabilitéitspakt mat senge Facetten, Bud-getscontrainten a wirtschaftlechen Imperativer wäert verhënneren, datt ee sech an Europa de soziale Problemer widmen an eng Sozialpolitik duerchféiere kann, déi deen Numm verdéngt. Well d'Budgetsvirschrëften hunn nämlech ganz konkret e juristesche contrainante Kader mat Sanktiouns- a Korrekturmechanismen. Bei der Sozialpolitik gëtt just un de gudde Wëlle vun de Memberstaten appelléiert. An dat wäert esou laang de Fall sinn, wéi dee Stabilitéitspakt an dee Maastrichter Traité an där Form wider-bestinn, mat alle Konsequenzen, déi dat huet.

Mir sinn net zouversüchtlech, datt d'Politik dat ännere wäert, datt d'Prioritéiten ëmgedréit ginn an de Mënsch a seng sozial Situatioun an de Mëttelpunkt vun der Politik gestallt ginn, wann net Mobiliséierungen an der Strooss se dozou forcéieren. Oder wat huet d'Politik zu Lëtzebuerg konkret, wat huet d'Sozialdemokra-tie, wat hunn déi gréng bis elo no der grousser Manifestatioun vum 16. Mee 2009 un der Poli-tik geännert, déi do massiv vun de Gewerk-schaften a vum Salarat a Fro gestallt ginn ass?

Ass et net un der Zäit, fir déi Mobiliséierung am Hierscht erëm opzehuelen, fir deen Drock ze maachen, deen noutwendeg ass, fir datt sech wierklech eppes ännert? Dat an enger Situa-tioun, wou besonnesch déi Liberal, d'FDP an d'liberal Fraktioun am Europaparlament - där och d'DP ugehéiert - elo den designéierte Kommissiounspräsident Jean-Claude Juncker ënner Drock setzen, fir datt de Stabilitéitspakt net a Fro an net flexibiliséiert gëtt an net opge-lockert gëtt.

An ons Kolleeginnen a Kollege vun deene Gréngen. Ech si frou, virdrun héieren ze hunn, datt si sech nach erënneren un dat, wat se virun engem Joer am Kader vun der Diskussi-oun iwwert de Fiskalpakt gesot a betount hunn no bausse virun de Wahlen. „Mir stinn och lénks. An elo geet et duer mat där Politik,...“, hu se gesot, „...an duerfir si mir géint de Fiskal-pakt.“ An elo stëmmen se fir déiselwecht Politik a soen, dat wier e Stéck vun enger gesamter Léisung. War dat also awer alles Schnéi vu gëschter?

An d'Sozialdemokraten, déi während den Euro-pawahle soten: „Mir wëllen e bessert Europa.“ Richtig! Géif dat net mat sech bréngen, datt een an Europa sozialpolitesch Konvergenz- a Stabilitéitskritäre géif opstellen, statt Sozial-dumping a Sozialofbau ze maachen? Sozialpo-litesch Konvergenzkritären, esou wéi d'Cham-bre des Salariés se an engem wierklech aus-féierlechen Avis proposéiert huet. An ech géif wierklech de Kollege vun der Sozialdemokra-tie rodén, den Avis vun der Chambre des Sala-riés, déi d'Gewerkschaften an d'Salarat zu Lët-zebuerg reell representéiert, méi seriö ze huelen.

Misst een net sozial Mindestnorme festleeën, déi net vun de Maastricht-Kritären a Fro ge-stallt kënne ginn - wat de Moment nach ëm-mer de Fall ass -, an och d'Steierpolitik harmo-niséieren, statt deen déidleche Steierwettbe-werb a Steierdumping ze maachen, deen de Moment an Europa dominéiert an ons an eng Sakgaass féiert? Misst net d'Heicht vum Chô-mage, der Aarmut, der Wunnengsnout d'Kri-täre vun der Politik sinn, grad wéi d'Aarbechts-konditiounen, dat onméiglecht Ausmooss vun der Prekaritéit, Ongläichheeten, d'Gesond-heetsversuergung, d'Erzéiung? All dat si Beispil-ler vun deem, wat iwwert d'Maastricht-Kritäre gestallt misst gi fir e bessert Europa.

Och wat d'Steier- an Akommespolitik vum Stat ugeet, bréngt et kengem eppes, wa jiddweree versicht, bei deem aneren aus dem Teller ze pi-cken a sech e Stéck bei deem aneren ze huelen, statt gemeinsam derfir ze suergen, datt fir jiddweree genuch do ass. Well et ass genuch do. Et misst just anescht a besser verdeelt ginn. Ech wëll elo net déi Chifferen duerleeën, déi a leschter Zäit publizéiert gi sinn a beweisen, datt grad duerch dës Krisepolitik déi Räich nach ëmmer méi räich an déi aner alleguerte méi aarm gi sinn.

Den Här Franz Fayot, deen d'„Kapital“ vum Thomas Piketty ausféierlech gelies huet, kann lech wahrscheinlech dozou eng Rei Opschlëss ginn. An ech hoffen, datt e senger Partei déi och eng Kéier wäert virdroen, fir datt deen aneren Här Fayot sech net an Zukunft brauch Suergen ze maachen, datt d'Sozialdemokratie zu Lëtzebuerg definitiv ënnergeet, esou wéi ech dat haut héieren hunn.

An da misst een emol bedenken, firwat ver-schidden...



(Interruption)

Net ech hunn et gesot. Ech hunn héieren, deen éierewäerten Här Fayot huet dorobber hige-wisen, datt Der wierklech sollt driwwer noden-ken, Här Engel.

An da misst een emol bedenken, firwat verschid-de Staten an der Kris an och duerno esou vill Suen ausginn hunn. Et misst een drun erënne-ren, datt do d'Verscholdung vun de Spekulate vun de Staten iwwerholl ginn ass, déi Suen dofir bei deenen normale Leit geholl gi sinn, duerch massiv Sozialkierzungen an op d'Käschte vun deenen noutwendegen Investitiounen.

An et misst een iwwerhaupt - an un éischer Stell - emol kucken, wat d'Ursaach vun der Kris war an ass: nämlech d'Usammlung vun enormem Räichtum bei engem Deel vun der Bevëlkerung, engem minimal klengen Deel vun der Bevëlke-rung, déi net méi woussten, wat se domadder sollte maachen. Déi hu gemengt, et géif sech net méi rentéieren, fir dat an d'Realwirtschaft ze investéieren, an déi Casino-Kapitalismus domad-der gespillt hunn an domadder d'Existenz vu Betriber, Banken, Mënschen op d'Spill gesat hunn. D'Usammele vum Räichtum ze verhën-nere wier eng wichteg Moosssnam, déi ee misst huelen, fir an Zukunft Krisen ze verhënneren.

Bei all deem - an da kommen ech zum Schluss - geet et och ëm d'Kreditibilitéit vun Europa, vun enger europäescher Politik an enger europäe-scher Identitéit. Duerch déi falsch Politik, wéi se hei beschriwwen ginn ass - an dat ass keng mo-ralesch Kategorie -, hu Barroso, Reding a Jun-cker, grad esou wéi Delors, Schulz a Verhofstadt den Nationalisten a Rietspopulisten d'Dier grouss opgemaach.

(Interruption)

Wann een d'Leit wëllt dovun iwwerzeegen, datt mir Europa als gemeinsame Liewensraum brauchen, dee jiddwereen ofsécher - an dofir triede mir an, am Géigesaz zu der ADR -, muss een déi Politik änneren.

A wann d'Chamber hei décidéiert, fir eng Rei Rechter ofzeginn, ënner anerem dat, fräi ze dé-cidéieren, wéi vill Suen een anzitt an zu wéi engem Zweck datt een déi Suen ausgëtt, da gëtt d'Parlament - wéi de Romain Hilgert dat e Samschdeg am „Lëtzebuerger Land“ geschiw-wen huet: „Welcome in Post-democracy“ - och e Stéck Politikgestaltung, Entscheidungsfräi-heet of an dréit zur Aschränkung vun der parla-mentarescher Demokratie bäi.

Dat stëmmt iwwregens och fir d'Autonomie vun de Gemengen, déi heimat och an hirer Entscheidungsfräiheet beschnidde ginn. Vläch-t ass dat awer nëmmen den Ufank vun deem, wat op eis zoukënn, wann d'Regierung ons hire Budget vun der neier Generatioun bis virleet. Vläch komme mer dann endgültig am post-demokrateschen Zäitalter un.

► **M. le Président.**- Ech mengen, Här Turpel...

M. Justin Turpel (déi Lénk).- Merci, ech si ► fäerdeg.

(Hilarité)

► **M. le Président.**- Ech war iwwregens ganz fein mat lech.

(Brouhaha)

Och mat all deenen aneren. Mat en alleguer. Ausser mam...

(Brouhaha)

Voilà, dat wär den... Dee war ganz fein mat eis.

Mir wären um Enn vun eisen Diskussiounen an ech géif dann d'Wuert un den Här Finanz-minister Pierre Gramegna ginn.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Pierre Gramegna**, *Ministre des Fi-nances*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hä-ren Deputéierten, léif Regierungsmemberen, ech si frou, dass mer déi Debatt haut konnten hunn, well timingsméisseg war et wierklech wichteg, dass mer dat nach virun der Summer-vakanz konnten hikréien. Duerfir géif ech gären der Kommissioun Merci soen an dem Rapport-eur Eugène Berger fir säi Virtrag haut an och fir de schréffleche Rapport.

De Fiskalpakt, dee mer haut hei ëmsetzen, ass eng ganz wichteg Etapp, an ech mengen, et soll ee roueg e puer Minutten dee Fiskalpakt a sengem Kontext kucken.

Contrairement zu deem, wat Verschiddener ge-sot hunn, mengen ech, dass dee Fiskalpakt en fait eng ganz wichteg Roll gespillt huet, fir d'Eurozon an Europa ze stabiliséieren. Well wann dee Fiskalpakt zesumme mam „Two-pack“ a mam „Sixpack“ - déi mer jo hei zum Deel zesummen an d'Lëtzebuerger Gesetz ëm-setzen - net gewiescht wieren, fäerten ech ganz, dass mer haut vlächit guer keng Eurozon méi hätten. A wa mer nach en Euro hätten, da weess ech net, wéi kredibel dass dee wier.

An et ass esou, dass, well déi verschidden euro-päesch Mesurë geholl gi sinn, mer haut kënne mat méi Zouversiicht an d'Zukunft kucken an och kënnen enregistrieren, dass Saache wéi „Union bancaire“ an eng ganz Rëtsch aner Me-suren, déi an Europa elo eng Stabilisatioun mat sech bruecht hunn, iwwerhaupt kënne statt-fannen.

Ech war gëschter um ECOFIN an do ass ënner italienescher Présidence eng Diskussioun ge-féiert ginn, wat dann elo d'Prioritéite solle fir déi nächst sechs Méint sinn. An och do muss ech soen, wa mer keng Stabilisatioun vun der Eurozon gehat hätten, dann hätt déi doten Diskussioun iwwerhaupt net stattfonnt.

De Finanzminister an Ekonomiesminister Padoan huet d'Présidence vun den Italiener an der EU ënner engem Triptyque virgestallt, dee folgendermoossen ausgesäit: éischstens, d'Inte-gratioun an de Marché unique verstärken; zweetens, Strukturformen an d'Équilibre vun de Statsfinanzen an alle Länner weiderféie-ren. An den drëtten Punkt ass, den Investisse-ment privé et public ze féideren.

Jo, wa mer nach ëmmer Duerjerneen an der Eurozon hätten, da géife mer iwwer all déi Su-jeten do guer net kënne schwätzen. An ech muss soen, dass déi Diskussioun, déi mer och gëschter haten am ECOFIN, gewisen huet, dass e Konsensus besteet, e gemeinsamen Nenner, géif ech soen, tëschent allen Eurozonlänner, fir d'Prioritéit op d'Croissance, op d'Investisse-menter an op d'Reduktioun vum Chômage - an haaptsächlech vum Chômage vun deene Jonken - ze setzen. An dat, andeem een am Ka-der vum Pacte de stabilité et de croissance, wéi en haut ass, déi Marge-de-manœuvres, déi be-stinn, ausnotzt.

Ech mengen, dat ass eng exzellent Noriicht. Well dat ass, mengen ech, de Cercle vertueux, deen ee gären hätt, dat heescht, dass een an engem Kader vu relativ gesonde Finanzen, oder Finanzen an Europa, déi amgaange sinn, gesond ze ginn, versicht, méi ze investéieren. Méi ze investéieren, andeem ee méi ausgëtt wéi dat, wat een huet, ass keng gutt Léisung. Dat ass e Cercle vicieux, an dat ass och genau dat, wat den Här Frieden ganz am Ufank vu senger Interventioun gesot huet. Ech mengen also schonn, dass deen heiten Traité, deen dann elo hei an d'Gesetz vum Lëtzebuerger Land ëmgesat gëtt, eng ganz wichteg a ganz gutt Etapp ass.

Wa mer elo op Lëtzebueg zrëckkucken, wëll ech dat heite Gesetz an e Kontext setzen. E Kontext, wou mer jo iwwert de Lëtzebuerger Budget an d'Statsfinanzen nodenken. An ech wëll e bëssen zrëckkucken, well et war an der viregter Regierung en Usaz gemaach ginn - an zwar haaptsächlech vum Finanzminister Luc Frieden -, fir d'Budgetsprozedur zu Lëtzebueg ze moderniséieren. Do waren Etüden am Fi-nanzministère gemaach ginn. Komplementar dozou huet d'OCDE eng ganz Rëtsch Recher-chen a Konklusiounen gehat.

Et war e gewëssene Wonsch vun der viregter Regierung schonn do, fir déi Modernisatioun vum Budgetgesetz zu Lëtzebueg ze maachen. Dat ass net zum Droe komm, aus enger Rëtsch Grënn. Ee vun de Grënn ass natierlech déi grouss Kris, déi komm ass, an haaptsächlech och, dass Europa u sech vill méi séier agéiert huet, well och keen anere Choix do war.

D'Resultat dovunner ass, dass déi dräi Traitéen oder den Traité an dann den „Twopack“ an den „Sixpack“ ugehall gi sinn, an déi stelle mer haut hei ëm an d'Lëtzebuerger Gesetz.

Fir de Rappel: Den „Sixpack“, deen ass den 13. Dezember 2011 gestëmmt ginn an deen huet haaptsächlech eng Ëmsetzung fonnt an der Di-rektiv 2011/85, wou de Cadre budgétaire à moyen terme festgesat gëtt an och d'Kommuni-katioun vun Informatiounen; an dat setze mer hei am Gesetz ëm.

Den 2. März 2012 ass den Traité budgétaire, deen iwwert d'Coordination de gouvernance - deen haut haaptsächlech à l'Ordre du jour ass -, adoptéiert ginn an en ass vu Lëtzebueg de 27. Februar ratifizéiert ginn. Do sinn déi meechten Dispositiounen dran, déi mer haut a Lëtzebuerger Gesetz ëmsetzen.

An da schlussendlech den „Twopack“, deen ass den 23. März 2013 ugehall ginn, wou eng Rëtsch Dispositiounen dra sinn, déi mer och an deem heite Gesetz iwwerhuelen, ënner anerem d'Douzièmes provisoires.

A menger Interventioun hei géif ech am léifste gären an zwee Deeler intervenéieren. En éisch-ten, dat ass dee ganzen europäesche Volet, an dann herno plutôt d'Lëtzebuerger Mise en œu-vre dovunner an dann de Budget de nouvelle génération, deen déi ganz Period wäert cou-vréiere vu virun e puer Méint bis an déi nächst Joren eran.

Fir d'Éischt also emol de Volet européen, dat heescht dat Gesetz, wat mer hei haut stëm-

men. Do wéilt ech dräi Elementer ënnersträi-chen. Fir d'Éischt emol wat erausstécht an deem heite Gesetz, dat sinn dräi Saachen a mengen Aen. Dat ass d'Planification pluriann-uelle, zweetens verschidde Budgetsregelen an drëttens de Conseil national des Finances pu-bliques.

Wat d'Planification à moyen terme ubelaangt, ass dat eppes, wat fir Lëtzebueg relativ nei ass. Mir sinn eent vun deene leschte Länner an Eu-ropa, wat dat net huet. An ech fannen dat ganz wichteg, dass mer dat elo ëmsetzen, well déi Planifikatioun gëtt eiser ganzer Budgetspoli-tik Kreditibilitéit a Vertrauen.

Zweetens erlaabt déi Planification pluriannu-elle, dass een dem Zyklus, dem Wirtschaftszyk-lus Rechnung dréit. Contrairement zu deem, wat Verschiddener hei gesot hunn, ass dat Plu-riannuell en Element, wat justement et fäer-degbréngt, dass ee kann an Zäiten, wou et gutt geet, e bësse méi spueren, an an Zäiten, wou et schlecht geet, justement dat, wat ee gespuert huet, ausnotzen.

A well een d'Gefill kritt, dass dat e ganz neit Iw-werleën ass, wëll ech awer hei eng Persoun zitéieren, déi dat scho viru ganz laanger Zäit erkannt huet, an zwar de fréiere Statsminister Pierre Werner, deen 1970 Folgendes gesot huet: «Il faut dépasser l'appréciation selon la conjoncture du moment et toujours se replacer dans le cadre d'un équilibre pluriannuel. C'est pourquoi certaines critiques sur l'année de dé-part avec ses fortes chances de plus-value conjoncturelle me paraissent oiseuses. Les ex-cédents de la conjoncture ne servent qu'à amé-liorer les chances de réaliser l'équilibre pluriann-uel et à sauvegarder ainsi la solvabilité du tré-sor ainsi que ses possibilités d'intervention sti-mulatrice pendant les périodes de déclin.» Dat huet den Här Werner 1970 gesot. Ech mengen, dass en do eng ganz grouss Vision hat, an en fait fonctionnéiert de Pacte de stabilité et de croissance ewell och esou.

Drëtten Punkt, wat den Aspect pluriannuel ube-laangt, dat ass, dass ee muss d'Dépenses op ville Jore kucken an dass een d'Folgekäschte vun den Dépenses a vun den Investissementer, déi ee mécht, och soll mat a Betruecht zéien - eppes, wat mir zu Lëtzebueg beileiwen net ge-nuch maachen.

Den zweete grouss Paquet vu Saachen, déi am Fiskalpakt dra sinn, dat sinn eng Rëtsch Budgetsregelen. Fir d'Éischt emol touchéiert dat de Gesamtstat. Dat hu vill Orateuren ën-nerstrach, net nëmmen den État central, mä och d'Sécurité sociale an d'Gemengen.

Zweetens gëtt dat heite Gesetz d'Méiglech-keet, fir Maximalausgabe beim Stat festzeset-zen. Den Taux muss d'Regierung au cas par cas maachen. Ech wëll soen, an der Vergaangen-heet hate mer dat, dat hu mer emol „Norme budgétaire“ genannt. Dat war e bëssen en dé-suétude gefall, mä ech mengen, dat ass eng ef-fikass Manéier, fir d'Croissance vun den Dépenses an der Gitt ze halen.

Déi drëtt Budgetsregel, dat ass vlächit déi, déi am bekanntesten ass. Dat ass déi, déi seet, dass Lëtzebueg muss säin Objectif à moyen terme anhalen, an zwar vun +0,5% vum PIB, an zwar ass dat de Solde structurel.

Erlaabt mer vlächit zwou Remarques zu deem Solde structurel ze maachen. Fir Lëtzebueg ass dee Solde structurel +0,5%. Do gëtt et eng Rei Länner, do ass e bei 0, an eng Rëtsch Länner, do ass e souguer negativ. Wat huet da bei Lët-zebueg gespillt, dass en esou héich ugesat ginn ass?

Maja, dat ass, well mer eng Dette cachée hunn, haaptsächlech vun eise Pensiounen, wou d'Kommissioun fënnt, dass dat awer e seriöt Argument ass, fir dass mer sollen en fait zu Lët-zebueg e Surplus hunn. Mir stellen dat och guer net a Fro. De Calcul vun där Ziffer gëtt och all dräi Joer vun der Kommissioun nei ge-maach, mä vu dass eis Dette cachée jo laang-wiereg do ass, erwaarden ech mer do keng Än-nerungen.

Dat anert, wat ee muss zum Solde structurel soen - ech mengen, ech hunn dat schonn eng Keier op deser Tribün och hei ënnerstrach -, dat ass, dass dee Calcul extrem komplizéiert ass, an dass d'Kommissioun och en fait nach amgaan-gen ass, e bëssen hin an hier ze fueren, wéi si deen ausrechent, wat eng grouss Incertitude fir d'États membres mat sech bréngt.

Dir musst lech virstellen, dass de Finanzminister an all Land muss säi Solde structurel upeilen, an d'Manéier, wéi et gerechent gëtt, ënnerfält enger gewëssener Onsécherheet, soudass ee vlächit eppes upeilt an et rechent een et aus an herno fënnt d'Kommissioun eppes aneschters eraus. Dat, hoffen ech, dass dat an deenen nächste Méint preziséiert gëtt, well dat gëtt eng grouss Onsécherheet. An da leschtens ass natierlech de Mécanisme de correction och an deesen neie Budgetsregelen dran.

Den drëtten Punkt, deen ech wollt ënnersträi-chen, ass dee vun deem neien Organ, de Con-seil national des Finances publiques, dee mer hei an d'Liewe ruffen. Déi viregt Regierung hat proposéiert, d'Banque centrale do ze huelen, wat och enger gewëssener Logik entsprach huet. Mir wëssen haut, dass d'Europäesch Zen-tralbank dat ofgeroden huet. An duerfir hu mer en fait en Organe indépendant wëlle schafen, deen zwar och d'Forces vives de la nation asso-ciéiert, wéi verschidde Leit dat och hei richte-gerweis ënnerstëtzt hunn, a genau dat war och de Wonsch. E Wonsch, well mir mengen, dass mer mussen dee Clivage, deen een awer oft verspiert tëschent deene Leit, déi net associ-éiert sinn an der Diskussioun an dat systema-tesch kritiséieren, dass een déi och mat an d'Boot erakritt.

De Minister Frieden huet eis gefrot - zu Recht -, wat d'Kompetenze vun deene Leit solle sinn. Eh bein, effektiv d'Antwort läit an der Fro. Dat solle kompetent Leit sinn, déi d'Finances pu-bliques kennen. A se wäerten hei mussen eng gewëssen Indépendance hunn, fir net ze soen eng total Indépendance hunn, fir hir Aarbecht kënnen ze maachen.

Déi siwe Membere brauch ech elo net hei vir-zustellen. Ech mengen, et ass équilibréiert. Ech hunn och drop gehalen, dass natierlech d'Chambre des Députés soll do derbäi sinn, well d'Chamber jo de Budget stëmmt. D'Regie-rung als den Artisan an dann, wéi gesot, d'Forces vives, fir do e gewëssenen équilibréier-ten Avis ze kréien.

Nach zwee Wuert zum Fiskalpakt, een zum Ti-ming an een zur Aart a Weis, wéi mer dat transposéiert hunn. D'Kommissioun wäert am Laf vum Summer eng Evaluatioun maachen, wéi déi verschidde Länner de Fiskalpakt ëmge-sat hunn. Duerfir war et extrem wichteg, dass mer matzäiten deen heiten Text stëmmen, well mir si schonn a Verzug. En hätt scho missen op den 1. Januar gestëmmt ginn - mir wëssen, fir-wat dass dat net geschitt ass -, an duerfir all deenen, déi gehollef hunn, dass et elo soll rela-tiv séier goen, Merci.

Dann zu der Manéier, wéi mir transposéiert hunn. Do war ech frou, ze enregistrieren, dass jo awer e gewëssene Konsensus besteet, dass mir dat op eng équilibréiert, op jidde Fall net op eng maximalistesche Aart a Weis trans-poséiert hunn.

Aus zwee Grënn, géif ech soen: Deen éischten ass, fir dass d'Regierung eng gewësse Marge de manœuvre huet, an deen zweeten ass, fir dass d'Parlament, d'Chambre des Députés, eng gewësse Marge de manœuvre huet. A mir wës-sen, dass aner Länner dat jo och esou gemaach hunn. Voilà zum Thema.

Zum zweeten Deel wéilt ech e bëssen e Rappel maachen, wou mer stinn a Saache Prozedur vum Budget am Kontext vum Budget de nou-velle génération, e Projet, dee mir jo direkt am Januar vun dësem Joer als nei Regierung lan-céiert hunn.

Ech rappéléieren, dass d'Regierung an hire Koalitiounsprogramm geschriwwen huet, dass se d'Verscheldung wëllt limitéieren a sech als iewescht Limite 30% gesat huet, an dass se de Solde structurel bis 2018 op jidde Fall erëm wëllt anhalen. Ech wëll och soen, 2014 hale mer dat alles an, well mer do jo gréng Luucht vun der Kommissioun kruten, ouni eng eenzeg Kritik.

Mir hunn och ausgerechent, wéi vill mer an deenen nächste Jore musse vun Efforte maa-chen, fir 2018 justement de Solde structurel vun 0,5% kënnen ze erreechen. Déi Zifferen sinn lech bekannt, dat sinn 1.040 Milliounen, eng Milliard 40 Milliounen, déi musse bis 2018 ge-spuert ginn. Dat kann awer och gemaach ginn, andeem nei Synergie fonnt ginn, méi effikass geschafft ka ginn, en fait de Stat moderniséiert ka ginn.

Ech wëll och ënnersträichen, dass d'Regierung de Rhythmus, andeem se déi Erspuerisser wäert erreechen, nach net ausgerechent huet, well déi Décisiounen eréischt geholl ginn.

Last but not least op dësem Punkt: De fréiere Finanzminister Luc Frieden huet gesot, dës Re-gierung soll gemooss ginn op den État central, well et ass do, wou mer e Problem hunn. Dat ass ganz richtig. Dat huet sech och déi nei Re-gierung virgehall, op deem État central sen-gem Defizit ze agéieren. Mir stelle fest, dass an deene leschte fënnf Joer justement grad do de Problem louch, well mer do praktesch eng Mil-liard Defizit haten. Mir wëssen also och, dass et do schwéier war, an och muer schwéier gëtt, mä mir hunn eis virgehall, do ze agéieren.



De Budget de nouvelle génération ass en fait e Processus - ech wëllt dann e bëssen doriwwer aushuelen an dann och ophalen, Här President -, deem dëst Joer an dräi Phase geschitt ass.

Mir hu fir d'Éischt eng Phas de cadrage gemaach - och mat Hëllef vun engem Consultant - an dunn hu mer am ganze Stat 15 Aarbechtsgruppe plus véier Horizontalgruppe gegrennt, an déi hunn hir Aarbechte grosso modo elo fäerdeg gemaach. An déi drëtt Phas geet elo an dësen Deeg un, wou d'Regierung muss de Choix maachen tëschent de verschiddene Mesuren, déi do virgeschloe gi sinn. Dat heescht, elo fänkt d'Phas un, delikat ze ginn, well do Arbitragë musse gemaach ginn.

Mä deen Exercice, dee mer dëst Joer gemaach hunn, dat heescht, wou mer d'Dépenses all hanerfrot hunn, deen „Budget review“, ass en Exercice, fanne mer, dee ganz gutt ass an dee mer all déi aner Jore vläicht misste bäibehalen. Elo kenne mer d'Methodologie a mir mussen ee iwwert déi nächst Joren d'autant plus duerchzéien, well eise Budget haut pluriannuel ass.

Mä doriwwer ewech, wat elo 2015 geschitt, musse mer och op déi nächst Jore kucken. Mir wëllen do d'Missioune vum Stat an de Vierdergrond stellen, andeem mer déi alleguerten definéieren an eis Programmer ginn. Programmer, déi mer wëllen erreechen an déi mer wëlle moossen. Dat ass eng aner Manéier, e Budget opzestellen. Et ass awer och eng aner Manéier, de Budget ze kontrolléieren, andeem ee sech Ziler gëtt an da kuckt, wéi déi Ziler erreecht gi sinn.

Dat ass an anere Länner an der Vergaangenheet gemaach ginn. Dat ass e Processus, deem ass net einfach ze maachen, mä mir hunn eis dorop embarquéiert a mir wäerten och dës Chamber regelméisseg iwwert déi Développe-menter do au courant halen.

Mir wëlle schonn am Budget 2015 de Budget e bësse simplifizéieren, andeem mer tëschent dräi an 350 Artikelen zesummerafen, fir de Budget méi lieserlech ze maachen, fir awer och de Ministeren eng Responsabilitéit ze ginn, wéi se hir Ziler erreechen, wéi se hir Suen am beschten investéieren.

Bref, esou wéi dat och am Koalitiounsprogramm steet, mir wëllen d'Struktur vum Budget, esou wéi e gemaach gëtt a wéi en ausgeféiert gëtt, op Basis vun den Erkenntnisser vun der OECD, op Basis vun deene Studien, déi am Finanzministère gemaach gi si wéi och an der Inspection générale des Finances, an deene nächste Méint oder Jore maachen an dat am Intérêt vun enger méi effikasser a moderniséierter Ausgaben- a Budgetspolitik.

E lescht Wuert zur Majorité qualifiée. Ech freeë mech, dass d'CSV gesot huet, dass se géif dëse Projet matstëmmen. Doduerch kréie mer eng super Majorité qualifiée - well mir kréien elo eng ganz flott Ziffer eraus.

Ech wëll awer och ënnersträichen, dass, wann een et och um juristesche Plang kuckt, doduerch, dass mer den Traité budgétaire hei mat enger Majorité qualifiée gestëmmt hunn, och schonn am éischten Usaz eng qualifizéiert Majoritéit haten, an dass d'Traitéen zu Lëtzebuerg eng Valeur supérieure hunn an der Hiérarchie des normes du droit, wéi d'Lëtzeburger Gesetz, ech mengen, dass mer op kengem Punkt kéinten attackéiert ginn, dass mer dat hei net mat den néidege Majoritéite gemaach hätten.

An deem Sënn un lech alleguerte fir Är Com-mentaires a Reaktiounen villmools Merci!

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci och dem Finanz-minister. Den Här Turpel freet d'Parole après ministre.

► **M. Justin Turpel (déi Lénk).**- Jo, par rap-port zu deem, wat de Minister gesot huet iwwert déi nei Procédure budgétaire, Budget de nouvelle génération. Ech hat verstanen - an duerfir wollt ech dat elo nach eng Kéier wëssen -, d'Chamber géif enk abezu ginn an déi ver-schidde Phase vun der Ausaarbechtung vun der neier Methodologie.

Elo komme mer an déi drëtt Etapp, an ech hat awer verstanen, dat géif op all Etapp ge-schéien. Duerfir wollt ech de Minister froen, wéi hie gedenkt, dat ze maachen, fir och d'Chamber an déi verschidde Phase vun der Ausaarbechtung, net vum Budget selwer, mä vun der Methodologie vum neie Budget anze-bezéien. Merci.

► **M. le Président.**- Här Minister, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Pierre Gramegna, Ministre des Fi-**

nances.- Jo, merci, ech kann dat ganz gären erklären. Déi drëtt Phas an deem Joer vun der Élaboration vum Budget fir 2015, do si mer nach an der - loosse mer soen - Phase pilote, déi mer amgaange sinn 2014 ze maachen. Wa mer eriwerginn an de Budget par objectif, Budget par programme, dat ass eng Prozedur, déi mer amgaange sinn ze studéieren, do muss och d'Gesetz geännert ginn vun eise Budget an do gëtt natierlech d'Chamber mat impli-zéiert.

Mä mir sinn nach net esou wäit. Mir sinn am-gaangen, déi Texter ze studéieren. Ech wollt just dat an Aussicht stellen, dass dat och nach kënnt, mä fir den 2015er Budget si mer nach am aktuelle Rahmen. Voilà.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Finanz-minister. Mir géifen dann zum Vote iwwert den Ensembl vum Projet de loi 6597 iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6597 et dispense du second vote constitutionnel

De Vote ass lancéiert. Fir d'Éischt déi perséin-lech Stëmmen. D'Procuratiounen. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 6597 ass mat 55 Jo-Stëmmen, bei 5 Nee-Stëmmen ugehall.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Luc Frieden, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Jean-Claude Juncker (par Mme Nancy Arendt), Aly Kaes, Marc Lies, Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mos-sar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferdin, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Barto-lomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haa-gen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps (par M. André Bauler), Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Henri Kox, Mmes Josée Lor-sché, Viviane Loschetter, M. Roberto Traversini et Mme Christiane Wickler.

Ont voté non: MM. Gast Gibéryen (par M. Roy Reding), Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Justin Turpel et Serge Urbany.

(Interruption)

Jo, de Generalsekretär mécht mech hei drop opmierksam, dass am Virfeld net matgedeelt ginn ass, dass et e Vote à majorité qualifiée wier.

► **M. Alex Bodry (LSAP).**- Et ass keen!

(Interruptions)

► **M. le Président.**- Ah voilà. Voilà!

(Interruptions)

Okay, dann ass de Projet de loi 6597 mat 55 Stëmmen ugehall.

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete verfassungsméisseg Vote ze ginn?

(Assentiment)

Dann ass dat esou décidéiert. Ech soe Merci.

Mir géifen zum Projet de loi 6631 iwwert déi sougenannten „Sukuk“ iwwergoen. An anere Wieder, dat sinn déi islamesch Finanzéierungs-modeller, déi och hei zu Lëtzebuerg solle regle-mentéiert ginn. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht, an d'Wuert huet direkt de Rapporteur, den Här Guy Arendt. Här Arendt, wann ech gelift.

3. 6631 - Projet de loi portant auto-risation d'aliénation de trois im-meubles administratifs en vue de leur location et de leur rachat

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

► **M. Guy Arendt (DP), rapporteur.**- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleegen, de Projet de loi, iwwert deen ech lech op dëser Plaz e Rapport maachen, ass de 17. Dezember 2013 vum aktuelle Finanzmin-ster déposéiert ginn. De Statsrot huet säin Avis den 11. Mäerz 2014 finaliséiert an den 19. Juni vun deem Joer huet d'Cofibu mech zum Rapporteur ernannt. Bei där Geleeënheet sinn de Gesetzesprojet an den Avis vum Statsrot analyséiert ginn an en Amendement ass un de Statsrot geschéckt ginn. Dësen huet säin Avis complémentaire den 1. Juli eraginn, soudass de schréftleche Rapport den 8. Juli an der Kom-missiouen konnt ugehall ginn.

Et geet bei deem Gesetzesprojet drëm, d'Kon-ditiounen ze schafen, fir dass Lëtzebuerg dat éischt Land op der Welt ka sinn, wat e souge-nannten „Sukuk“ an Euroen op d'Bee stellt. Dëst ass e Finanzproduit, deen de Besoine vun der islamescher Finanzwelt nokënnt, andeems en am Respekt vun de Regele vun der Scharia steet. „Sukuk“ steet eigentlech fir „Certificat de financement“, deem ee mat Obligatiounen aus eise bekannten Emprunt obligatoire nokënnt.

An deem Sënn leeft de Rendement vum Invest net iwwer Zësen, mä iwwert de Gewinn vun engem sougenannten „Actif sous-jacent“. An eise Fall geet dat iwwert de Loyer vu be-stëmmte Gebaier. Dëse Finanzproduit riicht sech also un éischter Linn un Investisseuren aus de Golfstaten.

Ier ech op déi genau Funktiounsweis vun esou engem Sukuk ze schwätze kommen, wollt ech dëse Gesetzesprojet an de Kontext vun der Finanzpolitik vun eiser Regierung stellen. Esou wéi de Koalitiounsvertrag dat virgesäit, mécht dës Regierung Efforten, fir de Finanzsektor hei zu Lëtzebuerg weider ze stäerken, an dat am Intérêt vum Land an de Bierger. Eng gewëssen Diversifikatioun an deem Beräich ass gefrot, éischstens, wat den Typ vu Finanzproduiten, an zweetens, wat hir geografesch Ausrichtung ugeet. Eréischt déi lescht Woch gouf et jo an deem Kontext gutt Noriichten, wéi de Finanz-minister verkënneg konnt, dass eng weider chineesch Bank sech zu Lëtzebuerg instal-léiere wëllt.

Am Gesetzesprojet vun haut de Mëtteg geet et drëm, eng musulmanesch Clientèle vun eise Fi-nanzproduiten ze iwwerzeegen. Déi islamesch Finanzwelt ass e Marché, dee sech an de leschte Jore gutt entwéckelt huet. Dofir ass et wichteg, dass Lëtzebuerg sech an deem Beräich ganz schnell positionéiert.

Wéi Der wësst, verbitt déi musulmanesch Fi-nanzwelt, dass Zësen op engem Invest be-zuelt ginn. Dat heescht och, dass dës Investis-seuren eis klasesch Produiten, zum Beispill wat eis Financements obligatoires ugeet, net notze kënnen. Mir wëllen et dësen Institutiounen a Leit méi einfach maachen, op Lëtzebuerg ze kommen, andeem mer op dëser Plaz e Prozess ustoussen, deen dem Stat et erlaabt, e Sukuk op d'Been ze stellen. Dëst ass näischt aneschtens wéi e Financement obligatoire, deen no de Regele vun der Scharia fonctionnéiert.

Dir verstitt also, dass dëse Projet vun extremer Wichtigkeet fir eise Finanzsektor ass.

Här President, ech mengen, et ass am ver-ständlechsten, wann ech lech an e puer Wier-der erklären, wéi esou e Sukuk fonctionnéiert.

Engersäits verkeeft de Lëtzeburger Stat dräi bestëmmte Gebaier, déi him gehéieren, un eng Gesellschaft, déi nëmme fir dësen Zweck ge-schafe gëtt. Et geet hei ëm eng Zomm vun 200 Milliounen Euro. Bei dëser Gesellschaft handelt et sech, fir de professionnelle Jargon ze benotzen, ëm en SPV oder „special purpose vehicle“, och nach „Véhicule de structuration“ genannt. Dës Entitéit huet exklusiv zum Zil, de Sukuk ofzewéckelen. De Stat gëtt zu 100% Aktionär vun dëser Gesellschaft, déi mat dem Mindest-kapital gegrennt gëtt, soudass dës Transaktioun keen Effet op de Statsbudget huet.

Bei de Gebaier handelt et sech ëm déi zwee Tierm um Kierchbiereg an ëm d'Gebai Guten-berg zu Stroossen. D'Gesellschaft verlount dann déi Gebaier, vun deene se fir d'Dauer vum Sukuk Propriétaire gëtt, genau wéi de Stat et bis elo gemaach huet. D'Suen, déi iwwert de Verkaf erakommen, ginn an effentlech Investis-sementer, wéi zum Beispill an de Fonds des routes oder de Fonds du rail, investéiert.

Da stellt dës Gesellschaft Obligatiounen am Gesamtwäert vun 200 Milliounen Euro un inte-resséiert Investisseuren aus, déi haaptsächlech aus de musulmanesche Länner kommen, ouni awer dass dës Obligatiounen op bestëmmten Investisseure limitéiert wieren. All Investisseur kann also do matmaachen, wann e wëllt.

Am Géigenzuch zu dësen Obligatiounen kréien d'Investisseuren en Deel vum Loyer, deen déi dräi Gebaier der Entitéit erabrëngen. De Retour um Invest hänkt vum Montant of, deen duerch d'Loyeren erakënnt. Deen aneren Deel vum Loyer gëtt geholl, fir déi administrativ Fraisen ze decken, wéi zum Beispill Steieren, déi op d'Gesellschaft falen, oder d'Käschte vum „Sha-riah Committee“. Op dee kommen ech nach ze schwätzen.

An enger nächster Phas léist sech de Sukuk erëm op. No maximal fënnf Joer verkeeft d'Gesellschaft hir Rechter un den dräi Gebaier erëm un de Lëtzeburger Stat zrëck, zum selwechte Präis, wéi si se kaaft huet. Dat heescht fir 200 Milliounen Euro oder de Géi-gewäert an Dollaren. Zu deem Zäitpunkt kënnt de Sukuk also op en Enn.

Här President, ech géif dann awer och nach op e puer Detailer agoen, déi de Statsrot a sen-

gem Avis opgeworf huet. Éischstens besteet bei esou engem Sukuk en „Shariah Committee“, also e Comité vun Experte vun der islamescher Finanz, an dee stellt sécher, dass alles no de Re-gele vun der Scharia ofgewéckelt gëtt. An et ka sinn, dass dëse Finanzproduit natierlech méi deier gëtt wéi de klasesche Financement obli-gataire doduerch, dass eben dee Comité muss agesat ginn. Dat ass gutt méiglech, mä dëse Sukuk muss een an engem vill méi breede Kontext gesinn.

Duerch dëse Gesetzesprojet schéckt Lëtzebuerg d'Signal un déi musulmanesch Länner, dass si bei eis wëllkomm sinn. De Sukuk sollt also net eenzel bewäert ginn, mä am Zesummenhang mat dem Positionéiere vun eiser Finanzwelt, vun eiser Finanzplaz weltwäit, déi oppen an di-versifizéiert ass. Wa mer an der musulmane-scher Finanzwelt als „halal“ bekannt sinn, kann een dovun ausgoen, dass musulmanesch Kapi-taler an Zukunff bei eis investéiert ginn.

Dann ass och nach d'Fro vun de staatleche Ga-rantien opkomm, am Fall, dass eent vun de Ge-baier während deene fënnf Joer zu Schued komme sollt duerch en Accident, wéi engem Feier zum Beispill. Et ass an deem Kader ze be-mierken, dass sech dës Gefore fir all Proprié-tairé stellen. Dëst huet also näischt mam Sukuk u sech ze dinn. Ob de Stat dës Gebaier wéi elo direkt oder wéi am Fall vun engem Sukuk iwwert dës nei Sociétéit verlount, spillt do keng Roll.

Och ass d'Fro opgeworf ginn, wéi et mam steuerlechen Traitement vun esou engem Sukuk ausgesäit. Sou wéi bei all anerem Finanzproduit hänkt dëse vun Enn-Bénéficiaire of. Dëse muss kucken, dass hien déi Steiere bezilt, déi a sen-ger Législatioun ufalen.

De Statsrot hat och nach eng Fro gestallt am Bezuch op d'Anhale vum Artikel 26 vum Gesell-schaftsgesetz vun 1915. Dësen Artikel fënnit al-lerdängs hei keng Uwendung, well hei keen Apport en nature an déi Gesellschaft gemaach gëtt. Mir brauchen also hei kee Rapport vun engem Réviseur, deen d'Immeublé géif eva-luéieren.

Här President, mat deem Gesetzesprojet, dee mer de Mëtteg hei diskutéieren, erlabe mir et dem Stat, dräi Gebaier fir eng maximal Lafzäit vu fënnf Joer un eng Sociétéit ze verkafen, déi doduerch nei Clienten op eis Finanzwelt wäert bréngen.

Oppenheet huet eist Land nach ëmmer ge-kennzeechent, an dës Oppenheet wäert eis och an Zukunff weiderbréngen. De Koalitiounsac-cord schwätzt vun Oppenheet, Responsabi-litéit, Kohäsioun. Ech mengen, et ass net schweier, ze gesinn, wéi dëse Projet de loi eng Ouverture maache wäert, fir nei Clienten op Lëtzebuerg ze kréien, eng Ouverture, duerch déi mir Responsabilitéit fir eist Land iwwerhue-len, andeems mer eist Land op der Kaart vun der Finanzwelt placéieren a seng Kohäsioun duerch eis staark Wirtschaft garantéieren.

Ech wëll zum Schluss och de Leit aus dem Fi-nanzministère op dëser Plaz Merci soe fir déi gutt Zesummenaarbecht grad wéi mat de Membere vun der Finanzkommissioun. Dat ge-sot, bréngen ech hei den Accord vun der DP-Fraktioun zu deem virlienden Text an ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci och dem Här Rapporteur. Den nächste Riedner ass den Här Luc Frieden fir d'CSV.

Discussion générale

► **M. Luc Frieden (CSV).**- Här President, ech sinn eigentlech frou, datt um Enn vun dëser Parlamentssessioun virun der Sommervakanz de Mëtteg nach dräi Projeten um Ordre du jour stinn, déi nach d'Handschrëft vun der viregter Regierung a vu mir als Finanzminister droen. Dat war dee Projet virduun, dat ass dë-sen an dat ass deen nächsten.

Bei deem stellen ech mat Satisfaktioun fest, datt déi nei Regierung quasi an hirem éischten Akt, dee si gemaach huet, nämlech am Dezem-ber, wéi se ugetrueden ass, dëse Projet, deen nach an der viregter Regierung am Regie-rungsrot war, och op den Instanzewee ginn huet. Ech mengen, dat ass gutt, well dat beweist, datt d'Finanzplaz an den Ae souwuel vun der viregter Majoritéit wéi vun dëser e ganz wichtige Sektur an der Lëtzeburger Ekonomie ass. En ass wichteg fir eist Land, d'Plaz selwer, d'Aarbechtsplazen, mä selbst-verständlech och fir d'Revenuen, déi fir de Stat a fir aner Betriber an der Ekonomie duerch de Finanzsektor generéiert ginn.

Sou muss een dëse Projet gesinn, well en ass Deel a mengen Aen als fréiere Finanzminister an och haut am Numm vun der CSV-Fraktioun, fir datt mer eng breet opgestallte Finanzplaz hunn. Mir brauchen awer eng Strategie, déi méiglech mécht, datt eis Finanzplaz sech vun aneren ënnerscheet. An d'Lëtzeburger Finanz-